

Op där anerer Sâit gëtt vun den Autoritéite virausgesat, datt all oprichtege Banquier et als seng Flicht ugesäit, sech aktiv un der Bekämpfung vu Geldwäsch an anerer Kriminalitéit ze bedeelegen an den Autoritéiten ze hëllefen d'Gangster an d'Gauner erauszesiften, fir datt hinnen déi knaschteg Naupen ausgedriwwen kënnen. Déi Roll vum Banquier als Hëllefspolizist huet allerdéngs mat der Zäit esou een Ausmooss kritt, datt ee sech schonn heiansdo freet, ob do net iwwerdriwwen a mat Kanounen op Spatze geschoss gëtt, dat besonnesch sâit eis amerikanesch Frënn dem Terrorismus de Krich erkläert hunn, un deem mir eis jo och bedeelegen.

Mä bei all deene sëllege Contrainten a Kontrollen, déi de Finanzsektor iwwer sech ergoe loosse muss, geet et net nëmmen dorëm, eis Gesellschaft viru kriminellen Elementer, vum Bedréier bis zum Terrorist ze protégéieren; et geet och dorëm, de Client - an dat si mir jo all - virun onéierleche Banquieren a Finanzjongleuren ze schützen an heiansdo gewëssermoossen och viru sech selwer. Dat geschitt dann duerch e Maximum u Kontroll beim Finanzprofi an duerch e Maximum un Opklärung beim Client. Datt dat alles vill Sue kascht, läit op der Hand, an datt letztendlech dee bezilt, dee protégéiert soll ginn, schéngt mer genauos evident.

Här President, déi Direktiv, déi mir haut alt erëm eng Kéier mat esou gehéiereger Verspéidung ëmsetzen, datt mir vu Bréssel bei den Ouere geholl hu misse ginn, reit sech an eng ganz Rëtsch vu Mesuren an, déi am Kader vum sougenannten europäeschen Aktiounsplang fir d'Finanzdéngschter agefouert goufen oder nach ginn, an dat mam Zil, déi Servicer méi transparent ze maachen an domat de Client, deen elo zum Investisseur ginn ass, an d'Bild ze setzen iwwert dat, op wat hie sech aléisst, wann hien dëst oder dat Geschäft wëllt maachen.

An eisem Gesetz vun haut geet et dorëm, wat fir eng Informatioun weini a wéi den Emetteur vu Wäertpabeieren ze liwweren huet, deem seng Aktien oder Obligationen op der Bourse, also op engem sougenannte reglementéierte Marché gehandelt ginn. Do gëtt da festgehalen, wien e Semester-rapport oder och en Tëscherapport publi-zéiere muss, an dat no deenen neie Kon-tasregelen IAS/IFRS; IAS, dat steet fir International Accounting Standards. Et gëtt och dem Emetteur virgeschriwwen, wéi hie seng Aktionären ze informéieren huet, wann hien eng gréisser Participatioun bei deem engem oder aneren hält oder awer esou eng Bedeelegung ofstéisst, well schliess-lech sinn dat fir d'Investisseure relevant Virgâng, déi op hir Wäertpabeier-Porte-feuillen duerchschloe kënnen.

D'Direktiv gesäit och vir, wéi déi regle-mentéiert Informatioun - wéi dat offiziell elo heescht - ënnert d'Leit ze bréngen ass. Si muss net nëmmen iwwert den traditionelle Wee per Schreiwes oder per Press dif-fuséiert ginn, mä si muss och der jeeweile-ger Opsiicht, also an eisem Fall der CSSF, zougestallt ginn, a si muss, an dat ass elo ganz nei, op enger zentraler Plaz ofge-späichert ginn, wou jiddferen drukënt.

Fir datt déi lescht Konditioun erfëllt ka ginn, kënnst eppes Neies an d'Spill, dat net ganz phantasievoll, muss ech soen, OAM heescht. OAM steet fir Officially Appointed Mechanism, an dat näischt anescht ers wéi eng offiziell unerkannten Datebank mat all deene reglementéierten Informatiounen ass.

D'Budgets- an d'Finanzkommissioun huet mat Satisfaktioun zur Kenntnis geholl, datt et sech bei dësem Projet ëm eng minima-listesch Ëmsetzung vun der entsprechen-der Direktiv vun 2004 an och vun deem Deel vun engem Reglement handelt, dat déi sougenannt IAS/IFRS-Kontasnorm aféiert. Dat ass ëmsou méi erfreetlech, well mir eis an der Vergaangenheet alt emol bei esou Ëmsetzungen an eisem Äifer dozou verleede gelooss hunn, dees Gudden e bëssen ze vill ze maachen a gewëssermoossen d'Ham an der Mëllech ze kachen. Dës Kéier ass dat eendeiteg net de Fall.

De Statsrot huet en ausféierlechen a gutt fondéierten Avis zu dësem Projet geliwwert, deen alt erëm eng Kéier weist, wéi eescht déi héich Kierperschaft hir Aarbecht hält. D'Budgets- a Finanzkommissioun huet

deene meeschte Remarquë vum Statsrot Rechnung gedroen a seng Virschléi gréisstendeels an den definitiven Text iwwerholl. Och do, wou de Statsrot offe mat senger formeller Opposition gedroht huet, ass den Text elo esou ëmgemodelt ginn, datt keen Hoer méi an der Zopp ze fannen dierft sinn.

Allerdéngs ass dat ënnert der ausdréck-lecher Aschränkung geschitt, datt déi Sträit-fro, ëm déi et geet an déi scho méi dacks zur Diskussioun tëschent dem Statsrot an dem Législateur gefouert huet, nach net ausgestanen ass an duerfir definitiv iergendwann eng Kéier gekläert muss ginn.

Dës Kéier geet et net nëmmen ëm d'Kom-petenz vun der CSSF, där de Statsrot elo carrément d'Recht ofsprécht, Perquisitiounen bei hire Schützlingen ze maachen, oder iwwerhaupt ëm de Statut vun de Reguléie-rungsinstitutionen, mat deenen de Statsrot seng konstitutionell Schwierigkeeten huet. Neen, et geet och ëm déi nei Erfindung, ëm deem „officially appointed mechanism“, deem seng Beschreibung am Gesetz dem Statsrot ze flou ass, deen awer op där anerer Sâit iwwer Kompetenze bis an de strofrectleche Beräich era verfüge soll, mat deenen de Statsrot net d'accord ass.

Fir hien ass et zum Beispill inakzeptabel, datt deeselwechten „officially appointed mecha-nism“ pénal Sanktiounen ergräife kann, wann en Emetteur him falsch oder iwwerhaupt keng Informatiounen geliwwert huet.

Här President, wéi scho virun dräi Wochen hei beim Gesetz iwwert d'Reassurancen, bei deem sech fir de Statsrot en ähnleche Problem deemools am Zesummenhang mat der Assurancëkontroll gestallt hat, dréit et sech an där Ausenanersetzung generell ëm de Stellwäert vun de Kontroll- a Reguléie-rungsautoritéiten, déi mir mat der Zäit aus dem angelsächsesche Raum iwwerholl hunn an déi sech, op d'mannst an den Ae vun de Puristen, net mat eisem latäinesche Recht verdroen. Et läit op der Hand, datt mir dee Kaascht ee fir allemol audreschen a Kloecheit schafe mussen, well mir eis soss ëmmer erëm weinst dëser Fro an d'Hoer ge-rod. Och mat dësem Aspekt vun der Glo-baliséierung muss mir eis wuel offannen.

Dat gesot, géif ech am Numm vun der Finanzkommissioun d'Chamber bieten, dëse Projet ze stëmmen, net nëmme well en esou spéit drun ass a well et héich Zäit gëtt, datt mer e stëmmen. E Projet, fir deen ech och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun mat op de Wee kritt hunn.

Ech soen lech Merci.

» Plusieure voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Rap-porteur. Wann déi aner Fraktiounen och de Konklusioun vum Rapporteur zou-stëmmen,...

» Plusieure voix.- Jo.

» Une voix.- Onbedéngt!

(Hilarité)

» M. le Président.- ...wat de Fall ass, da kënnen mer zu dem Vote vun dësem Projet de loi kommen.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Zur Intro-duktioun vum Rapporteur wär zwar vill ze soen.

» M. le Président.- Här Mehlen, wëllt Dir lech nach zu Wuert mellen?

» M. Robert Mehlen (ADR).- Zur Intro-duktioun vum Rapporteur wär vill ze soe ge-wiescht, Här President.

» M. le Président.- Da kommentéiert dat!

» M. Robert Mehlen (ADR).- Dat huelen ech eng aner Kéier no.

» Une voix.- De Vote leeft; et ass ze spéit.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel (Brouhaha général)**

» M. le Président.- Wann ech gelift, mir sinn amgaang ofzestëmmen! Wiem seng Elektronik geet net?

(Interruptions)

Den Här Huss? Den Här Kaes?

(Interruption)

Jo, mat wat stëmmt Der, mat Jo oder mat Neen oder mat Abstentioun?

(Interruption)

Da musst Der dat soen, ech kann dat net dreemen!

(Brouhaha)

De Projet de loi 5711 ass ugehall mat 52 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Marcel Glesener (par M. Marc Spautz), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Roger Negri, Jos Scheuer et Roland Schreiner;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par M. Carlo Wagner), Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps et Carlo Wagner;*

*MM. François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

## 4. 5801 - Projet de loi

**1. portant modification - de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; - de la loi modifiée du 1<sup>er</sup> mars 1952 modifiant certaines dispositions relatives aux impôts directs; - de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet; - de la loi modifiée d'adaptation fiscale du 16 octobre 1934;**

**2. portant introduction de la loi concernant le boni pour enfant;**

**3. portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;**

**4. portant modification de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élec-tive;**

**5. portant modification de l'arrêté grand-ducal modifié du 8 octobre 1945 portant ré-organisation du statut de la Chambre des Artisans (suite)**

Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber huet sech och nach net ausgesprach iwwert den zweete Vote constitutionnel...

(Brouhaha et coups de cloche de la Prés-idence)

Ech géif ëm e bëssen Opmierksamkeet bieten, wann Der wëllt!

D'Chamber huet sech och nach net aus-gedréckt iwwert den zweete Vote consti-tutionnel, wat de Projet de loi ugeet, dee mer haut de Moie gestëmmt hunn, vun de Steieren. Ass d'Chamber och do d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitu-tionnel ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Projet de loi, dat heescht zu deenen nächsten zwee Projets de loi, well si ginn allen zwee an enger Dis-

kussioun behandelt. Et sinn dat d'Projet 5785 an 5808 iwwert d'Armée. Et si bis elo ageschriwwen: déi Hären Hauptert, Goerens, Fayot, Braz, Henckes a Jaerling. D'Wuert huet elo fir déi zwee Projeten ze exposéieren de Rapporteur, den honora-belen Här Marcel Glesener. Här Glesener, d'Tribün ass fir lech!

## 5. 5785 - Projet de loi mo-difiant la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'or-ganisation militaire et mo-difiant

**a) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des trai-tements des fonctionnaires de l'État,**

**b) la loi modifiée du 28 juillet 1973 réglant l'usage des armes et autres moyens de contrainte par les membres de la force publique dans la lutte contre la criminalité,**

**c) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les diffé-rentes carrières des adminis-trations et services de l'État,**

**d) la loi modifiée du 27 juillet 1992 relative à la partici-pation du Grand-Duché de Luxembourg à des opérations de maintien de la paix (OMP) dans le cadre d'organisations internationales,**

**e) la loi du 31 mai 1999 por-tant création de la police grand-ducale et d'une inspec-tion générale de la police,**

**f) la loi du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occu-pant des fonctions diri-geantes dans les adminis-trations et services de l'État et**

**5808 - Projet de loi portant autorisation de dépenses d'investissement dans des capacités et moyens mili-taires**

*Rapports de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immi-gration*

» M. Marcel Glesener (CSV), rap-porteur.- Merci, Här President. Kollegeinnen a Kollegen, Dir Häre Ministeren,...

(Interruption)

» M. le Président.- Här Jaerling, wann Der elo géift wëllen dem Här Rapporteur nolauschteren!

» M. Marcel Glesener (CSV), rap-porteur.- ...mir hunn elo de Moment um Ordre du jour ee Reformprojet zu eiser Armée. Et ass dat, géif ech soen, eng vun deene bedeiendste Reforme sâit 1945. A wa mer haut feststellen, datt am Rumm vun esou enger Reform séier weineg Sensibi-litéiten hei am Land ze spiere sinn, anescht wéi dat nach viru 40 Joer de Fall war, dann ass dat mat Sécherheet een Zeechen, datt eis Armée een unerkannte Bestanddeel vun eisem gesellschaftlechen Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg ginn ass.

Dat ass de Verdéngscht vun deenen 1.000 jonke Mënschen, déi bereet waren, Arméi-déngscht ze leeschten, awer net zulescht och ee Verdéngscht vun all deenen, déi Responsabilitéit als Ënneroffizéier, Offizéier bis an den État-major eran an an der Politik hei zu Lëtzebuerg ze droen hunn.

Ech wëll op dräi wichteg Stadien zrëck-weisen:

1944 huet Lëtzebuerg d'Afféierung vum obli-gatoresche Militärdéngscht décidéiert.

Zéng Joer méi spéit hat déiselwecht Armée déi gréisst Ausdehnung. An zwar ass dee-mools de GTR, de Groupement tactique réglementaire geschaf ginn. Eng Rei vu Kollegen, déi nach hei an der Chamber elo siégéieren, haten d'Geleeënheet fir hire



Militärdéngscht am Rumm vun deem GTR ze absolvéieren. Dat war déi gréisst Ausdehnung, déi eis Arméi säit hirem Bestehe kannt huet.

Den 29. Juni 1967 ass et dann zur Ofschafung vum obligatoreschen Arméidéngscht komm a mir hunn de grousser Prinzip vun der Fräiwëllegenarméi hei zu Lëtzebuerg agefouert. Dat sinn also bestëmmten Daten an der Entwécklung vun der jéngster Geschicht vun eiser Lëtzebuurger Arméi.

Haut, am Joer 2007, hu mer um Ordre du jour no deene leschte 40 Joer déi gréisst Reform hei ze diskutéieren.

Ganz kuerz, wat sinn d'Aufgabe vun eiser Arméi?

Éischtens emol d'Bedelegung am NATO-Bündnis bäi Konflikter an der Verdeedegung vun eisem Territoire an och an Europa ze realiséieren an duerchzéieren; doriwwer eraus d'Sécherung vu vitale Liewensraim hei zu Lëtzebuerg an d'Bereetstellung vu Mënschen, jonke Leit, déi gebraucht gi spéider am öffentlechen Déngscht, virun allem am öffentlechen Déngscht, awer och am privaten Déngscht. Dat si ganz kuerz gerafft wesentlech Bestanddeeler vun der Lëtzebuurger Arméi am Rumm vun hirem Aufgabebereich.

Dat huet awer grondleeënd geännert, an zwar sinn opgrond vum Fall vun der Berliner Mauer eng ganz Rei vun neien Aufgaben eiser Arméi zougewuess. Säit 1989 huet dat internationaalt Ëmfeld wesentlech changéiert, an am Numm vum NATO- an UNO-Bündnis, am Numm vun der Verdeedegungspolitik vun der Europäescher Unioun sinn eiser Arméi nei Aufgaben zougestouss, fir déi si och déi noutwendeg Strukture muss schafen, fir deenen Aufgaben am Rumm vun deenen Engagementer, déi Lëtzebuerg am Rumm vu Friddenserhaltung an Europa an iwwer Europa eraus muss wouerhuelen, kënnen gerecht ze ginn.

Friddensmissioune sinn entstanen, humanitär Aufgaben hu sech erginn a sinn zu neien Aufgabe ginn, par rapport zu deenen ursprénglechen Aufgaben, déi eis Arméi säit hirer Grënnung hei zu Lëtzebuerg ze vollzéien huet. Ech erënneren un d'Friddensmissioune, humanitär Aufgaben a Kroatien, um Balkan, an Afghanistan, am Kongo, am Libanon an neierdéngs och am Tschad.

Fir deenen Aufgaben nozekommen, deene Lëtzebuerg sech am Rumm vun deene Bündnisser, déi ech elo grad hei zitëiert hunn, net konnt verschléissen, ass et evident, datt eis Arméi sech muss ëmstrukturéieren, fir deenen Aufgabe gerecht ze ginn, fir déi Aufgaben ze preparéieren, fir datt se kënnen duerchgefouert ginn. Dat bedeit natierlech eng Emännerung vun interne Strukturen, et bedeit eng Emännerung an der Disponibilitéit, net eleng vun de Kaderen, mä virun allem och vun den Zaldoten an Zaldotinnen, eng méi schnell Disponibilitéit.

Dat bedeit an huet zur Konsequenz, datt ee sech muss Gedanke maachen iwwert d'Déngschtdauer vum jonke Mënsch, dee sech an d'Arméi aschreift. Dat bedeit och ee Changement vun den Effektiver vun der Arméi. Dat bedeit, opgrond vun der Schnellegkeet vun noutwendegen méiglechen Asätz ausserhalb vun eisem Territoire, och eng intensiv Virbereedung. Et bedeit eng Ausbildung, fir och deene Jongen a Meedercher d'Méiglechkeet vun enger gréisserer Sécherheet ze ginn, fir kënnen déi Aufgaben ze erfüllen.

Doriwwer eraus bedeit et och een Entourage an eng Begleedung no där Zäit, wou se am Asaz waren, duerch Reconversion. Doriwwer eraus bedeit et eng Virbereedung fir all déi Jongen a Meedercher, déi an der Arméi sinn, fir esou Asätz och kënnen matzemaachen. Et bedeit och eng intensiv a wäit reechend Virbereedung, fir datt se d'Méiglechkeet hunn, no hirer Déngschtzäit d'Chance ze hunn, am Privatlieue kënnen Fouss ze faassen.

Dat bedeit also, datt déi sozial Aufgab, déi d'Arméi nach ëmmer hat, muss ausgebaut ginn am Intérêt vun Weiderliewe vun all deene Jongen a Meedercher, déi fräiwëlleg an d'Arméi antrieden, no hirer Déngschtzäit an am allgemenge Liewen.

Fir dat ze realiséieren, hu sech eng Rei Alternative presentéiert. Mir waren eis am Kloten, datt, esou wéi d'Arméi de Moment strukturiert ass, se deenen Aufgaben net kéint gerecht ginn.

Alternative waren déi, datt d'Disponibilitéit vun deem Eenzelnen, deen an d'Arméi antrëtt, fir esou Missioune ze erfüllen, d'office beim Antrëtt misst registréiert sinn. Dat war och d'Meenung vum Statsrot, dee mengt, datt, wann e Jong oder e Meedche

bereet ass, an d'Arméi anzutrieden, se mussen bereet si fir och esou eventuell Asätz duerchzéieren, ouni nach eng Kéier misse gefrot ze ginn. Si mussen d'office kënnen d'Bereetschaft dokumentéieren, esou Asätz an esou Missioune ze akzeptéieren.

Da war eng aner Alternativ déi vun der Aféierung vun enger gewëssener professioneller Unitéit, fir ee Genre Beruffsarméi där jëtzege Struktur bäizefügen. Och dat hätt ee kënnen maachen, mä dat hätt eng ganz Rei vun anere Problemer mat sech bruecht. Esou eng grouss Arméi wier och eiser Meenung no mat Problemer befaasst gi vun dem Rekrutement, a mat Sécherheet wier et och duerch eng Beruffsarméi mat enger Professionaliséierung niewent där fräiwëlleger Arméi zu enger onwahrscheinlecher Verdeierung komm.

Mir hu laang driwwer diskutéiert, wellech Alternativ ee vis-à-vis vun deenen neien Obligatiounen dann huele soll a mir waren der Meenung - ech géif soen, d'Majoritéit op jidde Fall -, datt een dat duebelt Volontariat misst ausgrenzen, an awer net op d'Volontariat verzichten am Allgemengen als grousser Prinzip, mä virun allem fir beim Antrëtt an d'Arméi dem Jong an dem Meedchen d'Entscheidung ze iwwerloossen, ob se bereet wieren, enger spezieller Unitéit - an elo kommen ech zum Stéchwuert - bäizetrieden. Wann een Zaldot där spezieller Unitéit bäitritt, muss hien d'office bereet sinn, opgrond vun décidéierte Friddensmissioune un esou Friddensmissioune deelzehuelen. Dat ass u sech de Kompromëss gewiescht tëscht enger Beruffsarméi an dem Opgi vum Volontariat.

Et ass u sech ee gudder Kompromëss eiser Meenung no, an zwar gi mer domat der Lëtzebuurger Arméi eng nei Unitéit, d'Unité de disponibilité opérationnelle, ofgekierzt UDO. Dat wëllt soen, datt de Jong an d'Meedchen, wat an d'Arméi antrëtt, beim Antrëtt de fräie Willen huet, sech ze entscheeden, ob et där Unitéit bäitritt. Wann et déi Entscheidung trëfft, da muss et natierlech och bereet sinn, un alle Missioune ausserhalb Lëtzebuerg - Friddensmissioune, humanitär Missioune - deelzehuelen.

Dat ass also ee wesentlechen Aspekt vun der Reform, déi mer elo ze diskutéieren hunn a wou mer eis mussen driwwer ausschwatzen. Dat bedeit natierlech och, datt mer och mussen de Strukture vun der Schnellegkeet Rechnung droen, fir esou Asätz kënnen um legislative Wee ofzeschléissen. Doriwwer eraus hu mer jo och, sinn ech der Meenung, ee Reformprojet um Instanzewee, fir déi ganz Prozedur vu Laangootmegkeeten opgrond vun deem neie Gesetz aus der Welt ze schafen doduerch, datt mer ausgangs Januar dat neit OMP-Gesetz wäerte stëmmen.

Esou eng Reform, wéi se elo envisagéiert ass, huet Auswierkungen op den Effektiv vun der Arméi selwer. An zwar wa mer haut schwätze vun engem Actif réel vu plus ou moins 1.000 Leit, komme mer op den Horizont 2015 op een theoreteschen Effektiv vu ronn 1.400 Leit. Dat bedeit eng Erhéijung vu fir de Moment 45 Offizéier op 80 Offizéier, Ënneroffizéier: vun 135 op 206, Zaldoten: vu 430 op 500, an d'Caporéil géifen zu 90 bleiwen, wat eng Erhéijung vum Zivilpersonal vun 118 op 170 Unitéite wier.

Dat sinn allerdéngs nëmmen theoretesch Zuelen. D'Realitéit ass heiandsdo eng aner, datt hunn ech virdrun erkläert.

Dann huet et Auswierkungen op d'Déngschtzäit, d'Déngschtdauer vun deenen eenzelnen Zaldoten. De Moment ass se zwielf Méint. Si ka verlängert gi bis dräi-, véiermol méi laang. Virgessint ass elo eng Déngschtzäit vu 36 Méint, plus zwielf Méint Schoulreconversion.

Da war de Gesetzgeber der Meenung, datt all déi Jongen a Meedercher, déi sech bereet erklären, där Spezialunitéit bäizetrieden, no hirer Déngschtzäit d'Méiglechkeet och misste kréien, no enger Formation ee Privileg ze kréie bei der Astellung an d'Fonction publique oder bei de Gemengen. Mir waren eis am Kloten, datt iwwert d'Applikatioun eng Kéier misst diskutéiert ginn, mat dem Arméiminister, mat dem zoustännegen Minister vun der Fonction publique a mam Innenminister, fir datt een do eng koordinéiert Prozedur fënnt, wéi dee Superprivileg soll ausgesinn.

Een zweete Volet vun der Reform ganz kuerz, dat ass de Punkt vun der Reconversion an der Formation. Ech hunn ewell kuerz ugedeit, no engem méiglechen Asaz mussen all déi Jongen a Meedercher d'Méiglechkeet kréien, betreit ze ginn no där Zäit, wou se am Ausland waren ënner schwierege Konditiounen, an déi Konditiounen sinn net ëmmer ongeféierlech.

Ech mengen, mir mussen dat wëssen, fir datt se also d'Méiglechkeet kréien, dat och ze verkraften, an iwwert de Wee vun enger Formation vun enger bestëmmter Schoul, déi an der Arméi ausgebaut gëtt an déi als Virbereedung déngt op d'Zivilliewen, d'Méiglechkeet kréien, e Beruff ze léieren, deen dann och deenen Zaldotinnen an Zaldoten d'Méiglechkeet gëtt, am Privatlieuen erëm Fouss ze faassen a Form vun engem Opbau vun enger Existenz. An do ass et noutwendeg, datt een déi Schoul mat Sécherheet muss ausbauen. Dat kann och nëmme geschéien an engem intensiven Zesummewierke mat der ADEM, mat der Economie a mat der Formation professionnelle.

Een aneren Aspekt vun där Reform, op deen ech elo net weider wëll agoen - dat fannt Dir a mengem schrëftleche Bericht -, bréngt natierlech och bestëmmte Modifikatiounen an der Carrière vun den Ënneroffizéier, vun den Offizéier bis hin zum ieweschten Kader.

An da gëtt natierlech d'Applikatioun ganz wichteg vun deem Gesetz, wa mer haut eis Zoustëmmung zu deem Gesetz ginn. Engersäits ass dofir ze suergen, datt déi Bestëmmungen an déi Neierungen och wirksam ginn an der Arméi selwer. Dat ass d'Aufgab vum État-major. Doriwwer eraus mussen och déi ganz Engagementer, déi d'Lëtzebuurger Politik ageet am Kader vun der Sécherheets- a Verdeedegungspolitik vun der Europäescher Unioun a vun der NATO, preparéiert ginn, ausgebaut ginn, an zwar mat enger spezieller Missioun innerhalb vum Verdeedegungsministère. Do si jo schonn déi éischt Entscheedunge getraff.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat sinn déi wesentlech Aspekter vun där Reform. Ech wollt nëmmen e puer hei mëndlech nach eng Kéier ervirsträichen; den Detail fannt Dir selbstverständlech an eisem schrëftleche Rapport, deen lech virläit.

Ganz kuerz nach wëll ech agoen op déi legislativ Prozedur. Den Arméiminister huet net unilateral einfach eng Décisioun geholl an e Projet de loi ausgeschafft, deen hien der Chamber hei zur Décisioun virgeluecht huet, mä ier dee Projet de loi op den Instanzewee gaangen ass, hu schonn eng ganz Rei vu Consultatiounen stattfonnt, schonn ënnert dem viregten Arméiminister, a virun allem hat dann och de jëtzege Arméiminister eng ganz Rei vu virbereedende Gespréicher innerhalb vun der Arméi, mat de Gewerkschaften, awer och mat de politesche Parteien, fir e bësse Feeling ze kréien, a welcher Form a wéi wäit ee mat där Reform misst a kéint goen.

Dat huet dann dozou gefouert, datt een Avant-projet de loi eng Kéier an der Chamberskommissioun diskutéiert ginn ass, wou déi grouss Prinzipien net ofgelehnt gi sinn. Duerno huet dann de Minister de 27. September 2007 de Projet de loi deponéiert.

De Statsrot huet de 27. November säin Avis ginn. En hat ee Bedenken, wat ech dann nach eng Kéier kuerz widerhuelen, an zwar war de Statsrot der Meenung, datt et net sënnavoll wier, eiser Arméi eng nei Unitéit bäizeginn, mä virun allem war de Statsrot der Meenung, datt all Jong an all Meedchen, wat an d'Arméi antrëtt, misst disponibel sinn, fir esou Asätz kënnen ze akzeptéieren, an en huet dann och ugeroden, net eng Arméi vun zwee Weeër ze gestalten. Dat war d'Meenung vum Statsrot, awer mir waren an der Commissioun majoritär der Meenung, datt mer op dee Wee géife goen, mat deem Projet als Alternativ an als Kompromëss, vun där neier Unitéit, déi elo am Projet enthalen ass.

An dann hate mer eng Rei vu Réunionen an eiser Commissioun - dräi, véier Stéck - wou mer dee Projet analyséiert hunn, an dee Projet, deen lech do virläit, deen huet och den Accord fonnt vun dem Statsrot, mat Ausnahm vun deene Bedenken, déi de Statsrot ugemellt huet am Zesammenhang mat där neier Unitéit, der UDO.

Doriwwer eraus hu mer am Projet, opgrond vun enger Rei Remarquen, wat d'Finanzéierungssituatioun betrëfft, dat kloergestallt, an esou, wéi de Projet elo virläit, hu mer dann och den Accord vum Statsrot kritt.

Esou datt ech lech ofschléissend géif bieden, am Numm vun der Majoritéit vun der Commissioun, deem virleiende Projet Är Zoustëmmung ze ginn.

Ech halen awer och drop, e Merci ze soen un d'Autoritéiten, déi eis beroden hunn, dem Minister mat senger Mataarbechter an och der Arméi selwer. An, wat och ganz wichteg war fir eis Commissioun: Mir haten d'Geleeënheet um Härebiereg selwer, eis unzucken, wéi d'Arméi am Moment um Härebiereg fonctionnéiert. Mir hunn och en Abléck kritt an déi Infrastrukturen, wéi se

bestinn. Ech kommen duerno nach eng Kéier ganz kuerz dorop zrëck.

Esou datt ech ofschléissend ka soen, datt mer haut eng wichteg Entscheidung ze treffen hunn, ee Reformprojet virleien hunn, dee mat Sécherheet deene Méiglechkeeten an deene Bedierfnisser, déi mer hunn hei zu Lëtzebuerg, Rechnung dréit an deen der Arméi mat Sécherheet och d'Méiglechkeet gëtt, deenen Objektiv an deenen Aufgaben, déi mer am Kader vun der Erhaltung vum Fridden hei an Europa hunn, gerecht ka ginn.

Ech hunn och vollt Vertrauen an déi Leit, déi fir d'Applikatioun vun deem Projet zoustänneg sinn. An ech mengen, d'Politik selwer kann och vollt Vertrauen hunn an den État-major an an all déi Leit, déi zoustänneg sinn, fir datt dee Projet do och wierklech dat gëtt, wat mer eis virstellen, an datt och dee Projet deem entsprécht, wat de Gesetzgeber sech virstellt ënner enger moderner Lëtzebuurger Arméi, déi net déi ass wéi an anere Länner, mä et ass eng typesch Lëtzebuurger Arméi par rapport zu deene Grundsätz an zu deenen Engagementer, déi mer als Lëtzebuurger Land och bereet mussen sinn, am Kader vun der Erhaltung vum Fridden hei an Europa an an der Welt kënnen ze droen.

Kolleeginnen a Kolleegen, dat ass also de Projet iwwert d'Reform vun der Arméi.

Een zweete Projet, dat ass de Projet de loi 5808, betrëfft de Posten iwwer noutwendeg Investissementer fir d'Lëtzebuurger Arméi. Dee Projet steet an engem direkten Zesammenhang mat dem Reformprojet vun eiser Arméi.

Wa mer entscheeden, datt Lëtzebuerg u Friddensmissioune an humanitäre Missioune ausserhalb Lëtzebuerg soll a muss deelhuele, da mussen mer och den noutwendegen Équipement zur Verfügung stellen, fir datt déi Missioune a voller Sécherheet an a voller Effikassitéit ausgeübt kënnen ginn.

Et ass noutwendeg a wichteg, datt Militärsätz a Friddensmissioune awer och en adäquat Material, virun allem wat d'Sécherheet vun den Zaldote gewährleistet, mussen zur Folleg hunn. A wann een eisen Equipement kuckt, da stellt ee fest, datt verschidde militäresch Infrastrukture wéi blindéiert Ween an esou weider effektiv net méi de Sécherheetsbestëmmungen entspriechen an en ongenügende Schutz deene Leit ginn, deene mer d'Missioun ginn, sech am Ausland fir Lëtzebuerg a fir de Fridden an der Welt anzesetzen.

Duerfir ass et noutwendeg, datt mer haut och decidéieren, eiser Arméi déi noutwendeg Infrastrukturen ze ginn, fir hire Missiounen kënnen gerecht ze ginn. Dat betrëfft virun allem verschidde blindéiert Véhiculen, déi de jëtzege Sécherheetsbestëmmungen entspriechend mussen erneiert ginn. Dat sinn der ronn 48, déi awer net haut a muer kaaft ginn, mä et ass alles fir den Objectif 2015.

Da mussen mer och bereet sinn, eng Rei modern Waffen a Sécherheitssystemer, déi noutwendeg sinn, och eiser Arméi zur Verfügung ze stellen. Mir hunn eng Rei Missiounen vun Déminage ze vollzéien. Och do mussen déi Leit, déi dat maachen, équipéiert sinn, fir eng maximal Sécherheet ze hunn, fir och esou Missioune erfüllen ze kënnen.

Dann huet eis Arméi am Rahme vun humanitären Aufgaben och Waasseropbereedungsanlagen zur Verfügung misse kréien, fir deenen Aufgabe kënnen nozekommen. Doriwwer eraus mussen eis Zaldote permanent d'Méiglechkeet kënnen hunn, och um Terrain selwer déi noutwendeg Ausbildung ze kréien, an dat bedeit ënner anerem och eng Emännerung vum Schéissstand am Blees-Dall. Mir sinn deen net kucke gaang, mä mir hunn awer Fotoe gesinn, an ech kann lech soen, wann een dat gesäit, da stellt ee fest, datt et wierklech liebensgefäierlech ass, op deem Schéissstand ze schéissen. An duerfir ass et noutwendeg, datt mer schnellstméiglech do och déi noutwendeg Vorkehrungen treffen, fir datt dee Schéissstand operationell ass a fir datt eis Zaldoten och do schéisse léiere kënnen, ouni an d'Gefor ze kommen, selwer erschoss ze ginn.



(Interruption)

Dee ganzen Équipement, wéi e sech zesummestellt, fannt Dir am schrëffleche Rapport. Ech wëll also elo net méi do an den Detail goen. Dat bedeit ee Gesamtkäschtepunkt vun 155 Milliounen Euro, ee Plaffong, deen net därer iwwerschrott ginn. Dee Betrag ass awer imputabel op de gesetzliche Fonds d'équipement militaire, dat wëllt soen, datt keng zousätzlech Sue musse bereetgestallt gi wéi déi, déi de Fonds d'équipement iwwer budgetär Dotatioun kritt. Dat ass also u sech eng Operatioun, déi käschtenneutral ass.

An da war de Wonsch vun der Kommissioun deen, datt een am Rapport d'Transparenz vun de Militärausgabe ganz kloer presentéieren an definéiere misst. Mir hunn dat och gemaach an Dir fannt dat an Ärem Bericht erëm.

Da wëll ech awer op ee Punkt nach kuerz agoen, deen eis - géif ech soen - schockéiert huet. Mir waren um Härebiereg a mir hunn do gesinn, ënner wat fir enge Konditiounen d'Arméi do liewe muss an ënner wat fir enge Konditiounen jonk Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger, déi bereet sinn, fir déi Missiounen a fir an der Arméi ze déngen, och am Intérêt vu Lëtzebuerg, ënner wat fir enge Konditiounen, déi logéiere mussen.

Éierlech gesot ware mir schockéiert a mir hunn eis geschummt. Mir hunn eis geschummt, ënner wat fir sanitäre Konditiounen déi Jongen a Meedercher do - ech géif soen - praktesch vegetéiere mussen. An et huet een dee Verglach gemaach: D'Sanitärinstallatiounen am Prisong si mat Sécherheet net manner gutt vis-à-vis vun der Kasär um Härebiereg, a wann ee weess, datt do vum Lëtzebuerger Stat aus Infrastrukturaarbechten ageleet gi sinn am Joer 2003, déi haut nach net ofgeschloss sinn, a wann ee gesäit wéi lues datt dat do fonctionnéiert, da muss ee sech awer eng Rei Froe stellen.

An ech wéilt och am Numm vun eiser Kommissioun een Appel un d'Lëtzebuerger Regierung, un déi Responsabel maachen, datt schnellstméiglech déi Etappen ofgekierzt ginn, déi virgesi sinn, fir déi Kasär esou anzeriichten, esou datt et sech an där Kasär awer ënner mënschewierdege Konditiounen liewe léisst.

An datt ass effektiv en dréngenden Appel un de Lëtzebuerger Stat, fir dofir ze sorgen, datt déi sanitär an humanitär Ariichtungen an der Kasär um Härebiereg wesentlech a radikal a schnellstméiglech verbessert gi mussen.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir fannt a mengem schrëffleche Rapport déi Detailer vun deenen noutwendegen Équipementen erëm.

Den Dépôt vun deem Projet ass den 23. November 2007 gemaach ginn. Mir haten een Débat an der Kommissioun an de Statsrot huet och säin Avis presentéiert. Esou wéi de Projet elo virläit, ass de Statsrot och mat deem Projet de loi d'accord.

Ech géif dann ofschléissend am Numm vun der zoustänneger Kommissioun d'Chamber bidden, och dësem Projet de loi eng grouss Zoustëmmung ze ginn. An ofgerënnt mat deem heite Projet a mat deem Projet, deen ech virdrun explizéiert hunn, a wa mer ausganks Januar nach eng Kéier op déi OMP-Asätz zrëckkommen, géif ech soen, dann hu mer hei eng gutt Aarbecht geleeacht a mir hunn eiser Arméi déi Méiglechkeet ginn, déi Lëtzebuerg net onéierenhaft am Kontext an der Welt zu Gesiicht stinn.

Ech bidden also ofschléissend nach eng Kéier, d'Chamber deenen zwee Projeten hir Zoustëmmung ze ginn. An deem Sënn soen ech lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner fir d'CSV-Fraktioun ass den honorabelen Här Hauptert ageschriwwen. Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Meenungen iwwert d'Wichtigkeet, de Sënn an den

Zweck vun enger Arméi ginn auserseen, an dat ofgesinn dovun, ob ee pro- oder antimilitär age stellt ass.

D'Fro, déi sech ëmmer erëm stellt, ass déi, ob esou ee klengt Land wéi eist iwwerhaupt eng Arméi brauch, déi et souwisou net eleng géing fäerdeg bréngen am Fall vun engem militäreschen Iwwerfall eisen Territoire an eis Awunner optimal ze verdeedegen. Awer och eng neutral Positioun vun eise Land déngt eis net vill, esou wéi mer dat an deene leschte Jorhonnerten e puer Mol erfuer hunn. D'Fro vun der Opportunitéit vun enger Arméi fir eist Land ass fir eis Fraktioun mat engem kloer Jo ze beäntwerten, an dat aus verschiddenen Ur saachen:

Éischtens, well eiser Meenung no all souveräne Stat iwwert déi néideg Streitkräfte soll verfüge kënnen, déi him et erlaben, seng Staatsgewalt selwer auszeüben, fir seng strategesch Installatiounen ofsécheren ze kënnen an am Katastrophefall sengen Awunner zur Hëllef kommen ze kënnen.

Zweetens, well mer Member vun der NATO an der Westeuropäescher Unioun, dat heescht der UEO sinn, déi an hirem Vertrag een Artikel opféieren, dee seet, datt am Fall, wou ee vun de Vertragspartner, dat heescht, wann ee Land d'Affär vun engem bewaffneten Iwwerfall gétt, déi aner Partner mat alle militäreschen an anere Mëttelen, déi an hirer Muecht stinn, him déi néideg Hëllef an Ënnerstëtzung mussen zoukomme loos sen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

1940 hu mer d'Erfahrung gemaach, wat eis Neutralitéit wäert war. Et ass och duerfir net vun ongeféier, datt mer nom Krich deenen zwou Organisatiounen, dat heescht der NATO an der UEO bäigetritt sinn, fir datt mer am Fall, wou mer nees eng Kéier d'Affär vun enger militärescher Aggressioun géife ginn, op d'Hëllef an eise Partner ziele kéinten. Dat bréngt awer op där anerer Säit mat sech, datt am Fall vun engem Iwwerfall op een anere Partner vun deenen zwee Verträge mer och eis Engagementer mussen agoen an hinne mat alle militäreschen an anere Mëttelen zur Säit stoe mussen.

Dat erëm bedéngt éischtens, datt mer iwwer eng Arméi verfüge mat deem néidegen Effektiv, déi am Eeschtfall asazfäeg ass, fir un esou Missiounen am Kader vun eisen internationale Verpflichtungen deel huelen ze kënnen, an zweetens, datt eis Arméi mat deem néidege Material équipéiert ass, dat an esou Missiounen d'Sécherheet vun eisen eegenen Zaldoten an déi vun den anere Partner, déi mat hinnen am Asaz sinn, optimal assuréiert.

Duerfir wäert eis Fraktioun och déi zwee Projete stëmmen, déi hei virleien an déi de Kolleeg Marcel Glesener a senge mëndlechen a schrëffleche Rapporten op eng ausgezeecht Manéier erkläert huet, wuerfir ech him hei vun dëser Plaz aus félicitéiere wéilt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Missiounen vun enger Arméi hunn zënter deem leschte Krich staark evoluéiert, wéi et eleng aus deene sukzessive Bezeechnunge vun deene fir d'Arméi zoustännege Ministèren ervirgeet. Ministère de la Guerre huet e gläich nom Krich geheescht, also ëmmer nach mat enger gewëssener Krichsconnotatioun. Duerno gouf et de Ministère de la Force armée, spéider dunn de Ministère de la Force publique, fir schlussendlech d'Bezeechnung vum Ministère de la Défense ze kréien.

Zënter der Petersberger Deklaratioun aus dem Joer 1992 kënnen d'Armée vun de Memberstate vun der Westeuropäescher Unioun, der UEO, ausser hirem Beitrag zur gemeinsamer Verdeedegung, esou wéi se am NATO- an UEO-Vertrag festgehale sinn, och nach fir humanitär Missiounen, Missiounen fir d'Sécherung vum Fridden, Asaz vu Militärunitéiten fir d'Gestioun vu Krisesituatiounen an Operatiounen, fir de Fridden a Krichsgebidd erëm hierze stellen, agesat ginn.

Dës Missiounen vun der UEO goufe lues a lues vun der Europäescher Unioun am Kader vun der gemeinsamer europäescher Verdeedegungspolitik iwwerholl. Momentan ass d'EU am Kader vun der PESD, also der Politique européenne de sécurité et de défense, un zéng verschiddene Missiounen am Balkan, an Afrika an am Mëttleren Orient bedeelegt. Eist Land hëlt mat méi oder wéineger staarken Effektiv, esou wéi et de Marcel Glesener schonn ernimmt huet, un de Missiounen am Kosovo, an Afghanistan, a Bosnien-Herzegowina, am Kongo an am Libanon deel, an och elo an noer Zukunft am Tschad.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well mer am Kader vun den internationale

Verträge verflucht si fir un esou Missiounen, déi an der Zukunft ëmmer méi heefeg virkommen, deelzehuelen, brauche mer eng Arméi mat deenen néidegen Effektiv, net nëmmen um Niveau vun den Offizéier an den Ënneroffizéier, awer och op deem vun den Zaldoten, déi zu all Moment ofgeruff kënnen ginn, fir an deene Missiounen agesat kënnen ze ginn.

Bis elo konnt dat fir eis Zaldoten nëmmen um Niveau vun der Fräiwëllegkeet geschéien. Dat riskéiert awer, datt mer eis international Engagementer an Zukunft net méi onbedéngt erfëlle wäerte kënnen. Mir brauchen eng Arméi mat der néideger Zuel vun Zaldoten, déi en Engagement aginn, fir un esou Missiounen ze participéieren - Zaldoten, déi déi néideg physisch, psychesch an intellektuell Viraussetzung matbréngen, fir am Kader vun den EU-Unitéiten Garant ze stoen, hirer Missioun mat gréisstméiglecher Sécherheet fir sech selwer an hir Kolleegerecht ze ginn.

Duerfir brauche mer déi Unzuel vun Zaldoten, déi zu esou Asätz bereet a fäeg sinn. Mir brauchen awer och déi néideg Mass vun Zaldoten, déi eng Arméi fonctionnéieren deet, déi ee Kader vun Offizéier an Ënneroffizéier, déi mer och fir déi Missiounen brauchen, justifiéiert. Well mer awer an der Zuel vu fräiwëllegen Zaldoten, déi déi néideg Viraussetzung fir esou Missiounen mat sech bréngen, limitéiert sinn, mécht et Sënn, datt mer an Zukunft an eiser Arméi mat zwou Kategorie vun Zaldoten fueren, esou wéi et am Projet, dee mer hei virleien hunn, virgesinn ass a wéi et aus den Erklärungen vum Marcel Glesener ervirgaangen ass.

Här President, mir brauche genügend fräiwëlleg Zaldoten, fir datt mer déi néideg Relève an eise Missiounen assuréiere kënnen, a mir brauchen déi néideg Incentiver, deen néidege materiellen a mënschlechen Encadrement, fir datt mer eis Zaldote fidéliséiere kënnen, fir esou iwwer gutt ausgebild Zaldote verfügen ze kënnen, déi och déi néideg Expérience fir esou Missiounen mat sech bréngen.

An engem Rapport, deen am leschte Juni an der parlamentarescher Versammlung vun der EU virgedroen gouf, heescht et - an ech zitieren: «Pour recruter et maintenir au service des militaires expérimentés qui ont déjà participé à plusieurs opérations extérieures, les États européens doivent employer toute une panoplie de moyens mis à leur disposition: primes financières, soutien aux familles, diminution de la fréquence des déploiements, allègement des conditions de travail et amélioration de la qualité des équipements.»

Zu esou Ureizer gehéieren och eng professionell Ofsécherung a Reconversionsmesuren no dem Militärdéngscht, psychologesch Betreieung beim Retour aus de Missiounen an esou weider. Alles Moyenen, déi niert aneren nach méi an engem Pabeier iwwert d'Reform vun eiser Arméi - tëschent Guillemeten - «L'armée luxembourgeoise à l'horizon 2015-2020» vum leschte Joer festgehale goufen, an déi och an déi zwee Projeten, déi mer hei virleien hunn, mat agefloss sinn. Zu deenen Ureizer gehéieren awer och dezent Wunnengsgeleeënheete fir eis Zaldoten an hire Kasären.

An deem Kontext wëll ech ervirhiewen, datt - gradesou wéi mäi Kolleeg de Marcel Glesener an alleguer déi vun der zoustänneger Chamberskommissioun, déi bei der leschter Visite op dem Härebiereg dobäi waren - ech schockéiert war, um Härebiereg déi Sanitärinstallatiounen an de Logementen vun eisen Zaldoten nach esou virzefannen, wéi ech se selwer während mengem Militärdéngscht viru méi wéi 40 Joer erlieft hunn.

(Interruption)

Zënterhier war ech och emol Direkter an engem technesche Lycée, deem seng Schüler 1979 an e fuschneit Schoulgebai ageplënnert sinn, dat d'lescht Joer schonn nees ofgerappt gouf, well et net méi d'Konditiounen fir en dezent Schouhale garantéiert huet. Béides...

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Här Hauptert, den Här Mehlen wëllt lech eng Fro stellen.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här Hauptert, ech war jo och do a war och selwer schockéiert. Ech wollt lech just froen: Wien huet an deene leschte 50 Joer prioritär d'Verantwortung fir d'Regierungspolitik hei am Land gedroen?

(Interruptions diverses)

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Här Mehlen, et ass net nëmmen eng Verantwortung fir d'Regierungspolitik. Ech mengen, et ass iwwerhaupt eng Verantwortung vun eis alleguer, an ech kommen nach gläich dorop zrëck.

Wat ech wollt soen, ass, et ass net nëmmen - ech kommen dorop zrëck, Här Mehlen! - e Skandal, wat um Härebiereg geschitt, mä et ass och e Skandal - mengen ech -, wat zu Esch am Lycée geschitt, datt no 20 Joer schonn e Gebai...

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** -...muss ofgerappt ginn. An ech wëll hei nach eng Kéier betounen, dass, wann eis Kanner an esou Konditiounen misste betreit gi wéi eis Zaldoten um Härebiereg, da wiere muer schonn e puer Biergerinitiativen op der Strooss.

Awer eis Zaldoten hu keng Lobby, Här Grethen, an dat ass de Problem. An et ass och net elektoral interessant, sech fir eis Arméi staarkzemaachen. Duerfir sinn ech frou, datt eise Minister vun der Défense, de Jean-Louis Schiltz...

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - De Pei-Musée hat och keng Lobby an ass awer gebaut ginn.

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Ech weess net, ob hien awer déiselwecht Lobby hat wéi d'Lobby vun der Arméi. Ech mengen, et ass net interessant, hei an der Chamber am Intérêt vun der Arméi opzetrieden, an duerfir musse besonnesch, mengen ech, déi Leit aus der Oppositioun sech elo...

(Interruption)

Gelift?

(Interruption)

Fir mech ass et interessant, an ech mengen, et ass awer net fir aner Leit interessant genug, doriwwer ze schwätzen.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Här Hauptert, loosst lech net stéieren, den Intérêt un Ärer Ried ass grouss.

(Hilarité)

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Voilà, dat mécht mer ganz vill Freed, Här President.

Duerfir fueren ech och virun an duerfir wëll ech och nach eng Kéier widderhuelen, datt ech frou sinn, datt eise Minister vun der Défense, de Jean-Louis Schiltz, an de Baute-minister, de Claude Wiseler, déi néideg Schrëtt ënnerholl hunn, fir deene Mësstänn um Härebiereg een Enn ze maachen.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Wie war da virdrun den Arméiminister?

» **M. Norbert Hauptert (CSV).** - Kuerz nach...

Dir waart et bestëmmt net. Dir waart et net, Här Mehlen, an ech mengen, et schéngt, wéi wann Dir rose wiert, datt Dir ni an Ärem Liewen Arméiminister waart.

(Interruptions et hilarité)

Also, Här Mehlen, et kann nëmmen ee Minister vun der Arméi ginn, dee selwer an der Arméi war, den Här Jean-Louis Schiltz mécht eng vun deene wéinegen Ausnahmen, mä et sinn nëmmen e puer Leit heibannen, déi dat kënnen maachen, an ech gehéieren dozou, an duerfir trieden ech elo a fir d'Konditiounen um Härebiereg.

(Interruptions diverses)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, kuerz nach e puer Wieder zu der struktureller Reform vun eiser Arméi. Well mer jo och am Kader vun eisen internationalen Engagementen de Kaf vun engem Flieger an Optrag ginn hunn, soll eis Arméi och an Zukunft aus enger Buedem- an aus enger Loftkomponent bestoen.

Zu de Buedemtruppen zielen:

- de Commandement vun der Arméi;
- déi operationell Unitéiten mat der UDO, dat heescht der Unité de disponibilité opérationnelle;
- déi administrativ Unitéiten;
- déi logistesche Servicer;
- e Service de santé;
- e Service de reconversion;
- d'Schoul vun der Arméi; an
- eng Sektoun vun den Elitesportler.

Erlaabt mer just zu dëser leschter Sektoun - an et géif lech jo bestëmmt iwwerraschen, wann ech dozou net géif Stellung huelen -, déi also zu menger Zäit als COSL-President vum deemolegen Arméiminister, dem Alex Bodry, an d'Liewe geruff gouf, eng kleng Bemierkung ze maachen. Et ass menges Erachtens mat Sécherheet eng vun deene wichtigste Mesuren, déi an deene leschte Joren am Interessu vum Héichleeschtungsport hei zu Lëtzebuerg geholl ginn ass. Wa mer haut iwwer eng aussergewöhnlech grouss Zuel vu Sportler mat héijem interna-



tionalem Niveau verfügen, dann ass dat zum groussen Deel de Mérite vun dëser Sektoun an eiser Arméi.

Duerfir begrüissen ech och, dass se am Kader vun dëser Reform bestoe bliwwen ass. Der Arméi an eise sukzessive Ministere vun der Défense, dem Här Bodry, a besonnesch och deem heitege Minister, dem Jean-Louis Schiltz, e grouse Merci!

Dat gesot, wëll ech dem Marcel Glesener nach eng Kéier félicitéiere fir seng Rapporten a bréngen heimat den Accord vun eiser Fraktioun zu dësen zwee Projeten.

Ech soen Iech alleguer Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Hauptert. No Iech huet d'Wuert den honorabelen Här Charles Goerens.

» **Une voix.** - Elo kënnt Der Är Fro nach eng Kéier stellen.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Ech stinn zur Dispositioun, mä ech kann nach aner Froe stellen, wann et dorobber ukënn.

(*Brouhaha*)

» **M. le Président.** - Den Här Goerens huet d'Wuert!

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, ech géif virschloen, dass alleguer...

(*Brouhaha général*)

» **M. le Président.** - Här Goerens, Dir hutt d'Wuert. Wann ech gelift, ech bieden d'Kollegen ëm Rou! Lauschtert dem Här Goerens no!

» **M. Charles Goerens (DP).** - Et ass och kengem verbueden, Här President, fir sech anzeschreiwen a selwer Stellung ze huelen als Orateur zu deem Projet de loi hei.

(*Interruptions*)

Ech wollt am Ufank vu menger Interventioun dem Här Glesener zweemol Merci soe fir seng Rapporten. Net well ech him eng Kéier vergiess hat ze félicitéiere bei engem anere Rapport. Dat war mer derduerchgaangen. Dat war mer penibel. Ech schleefen dat elo scho méintlaang mat mer virun.

(*Interruption et hilarité*)

Et huet elo eng Kéier missen erausgoen. Ech wollt Iech awer Merci soe fir dës zwee Rapporten an deem aneren an engems. Déi Rapporte ware succinets, si hunn awer d'Quintessenz opgezeechent vun deem, wat mer an de Kommissiounen diskutéiert hunn.

Här President, wann een iwwert d'Lëtzebuerger Arméi schwätzt, da begéint een an de Gespréicher, besonnesch dobaussen, normalerweis esou eng karikatural Dimensioun. Wat maache mir mat enger Arméi? Wat maache mir an Afrika? Géif et net am Kosovo goen ouni eis? Déi Froe kann een an d'Onendlecht weiderentwéckelen, wann een nëmme just dat relatéiert, wat een dobaussen héiert.

Et kann een awer och d'Fro anescht stellen: Erfëllt ee Stat, dee wëllt national an international Verantwortung iwwerhuelen, deem iwwerall wëllt matdiskutéieren, dee wëllt crédibel geholl ginn dobaussen, déi Kritären do alleguer, wann e sech bei eenzelne wichtege Dimensiounen ofmellt? Et ass eng rhetoresch Fro, an duerfir brauche mer eis net länger Zäit mat där ofzeginn.

Ech mengen, mir sollen eppes maachen, wat mer kënnen. Eppes, wat eis zouzemuenden ass an och eppes, wat sech der Akzeptanz hei am Lëtzebuerger Land erfreet. Dat bedéngt, dass ee permanent, an enger Zäit wou sech enorm viles ännert, och um Niveau vun der Arméi en Dialog féiert mat den zoustännege Kommissiounen hei am Haus an och mat de Bierger dobaussen.

Mech huet gewonnert déi Zäit, wou ech selwer d'Verantwortung iwwert deen dote Departement hat, wann et drëm gaangen ass, fir eng Opération de maintien de la paix ze decidéieren, wéi weéng dass hei an dem héijen Haus Froe gestallt gi sinn doriwwer! Normalerweis ass et jo esou, wann een eng Operatioun decidéiert, déi ausserhalb vum Lëtzebuerger Territoire stattfënn - an dat ass jo bei der Arméi de Regelfall -, da misste sech eng Partie Froen opdrängen.

Déi iwwert d'Pertinenz vun där geplangter Missioun, déi ass jo normalerweis am Virfeld schonn undiskutéiert ginn, duerchduecht ginn. Soss kéime jo och de Minister an déi zoustänneg Leit aus dem Ministère net virun d'Kommissioun. Mä et ass awer gutt, wann een eng Kéier driwwer diskutéiert a wann ee sech eens ass tëschent dem éischten an dem zweete Pouvoir iwwert d'Pertinenz vun där Missioun.

Déi zweet Fro, déi ee sech muss stellen, dass ass: Wéi ass et mat der Sécherheet oder

mam Risiko vun deene Leit, déi mer op den Terrain schécken? Ass dass ze vertrieden? Ass dee Risiko - deen een ni ganz kann ausschalten, well et handelt sech jo hei net ëm eng Opération du type Club Méditerranée - vertrietbar an hu mer alles ënnerholl, fir kënnen dee Risiko esou niddreg wéi méiglech ze halen? Pake mer Holz un! Et ass bis elo nach ëmmer gutt gaangen. Mä mir kënnen et besser maachen. An ech kloen dass selwer an, wat ech erfuer hunn, wéi ech en charge war vun deem Dossier.

Duerfir ass et wichteg, dass mer gutt ausgebilte Fachkräften hunn, dass mer gutt Equipementer hunn an dass mer déi gutt ausgebilte Fachkräften an dass optimaalt Equipement asetzen an Operatiounen, déi eis zoomuttbar sinn.

Elo kann een d'Generalitéiten oder d'Banalitéiten an enger Introduktioun vun esou enger Ried och nach ausdehnen an d'Fro erweideren op de Gesamtvolumen a Relatioun mam Revenu national brut, dee mer bereet sinn, an d'Arméi ze investéieren. Et schéngt mer, wéi wa mer am Moment esou tëschent 0,3 an 0,4% géife schwanken, wat d'öffentlech Ausgaben ubelaangt, déi mer au titre de la défense, dépenses de la défense ugerecht kréie bei der NATO. Dass och bedéngt doduerch, dass d'Käschten, déi ugefall si fréier bei der Gendarmerie a bei engem heitegen Deel vun der Police, mat engem entsprecheende Prozentsaz u Pensiounen de Moment net méi berücksichtegt ginn. Dass bréngt eis also elo op en Niveau, mä um niveau de comparabilité, wou mer, relativ gesinn, mickreg ausgesi par rapport zu deenen aneren.

D'Zil, an dass wëll ech direkt betounen, vum Lëtzebuerger Effort ass net, fir op e Maximum vun Défense ze kommen, mä d'Zil ass awer dass, fir crédibel ze wirken no baussen, eppes ze maachen, wéi gesot, wat eis zoomuttbar ass a wou mer kënnen international existéieren. An et ass op där Toile de fond, wou déi sukzessiv Regierungen versicht hunn, hiren Effort de défense ze definéieren an deementsprechend ze implementéieren.

Déi Operatiounen, déi mer maachen am Kosovo zum Beispill oder a Bosnien-Herzegowina, dass sinn awer Operatiounen, do kann ee mat guddem Gewësse soen, dass d'Leit derhannertstinn. Woubäi, wann ee seet, derhannertstinn, dass och der Realitéit net ganz gerecht gétt, well d'Leit waren am Fong der Politik an deem dote Fall viraus. Et sinn d'Leit, déi reklaméiert hunn, dass eppes misst gemaach ginn, wa virun der Dier vun der Europäescher Unioun KZter opgeriicht ginn. Et sinn d'Leit, déi an den 90er Joren net méi akzeptéiert hunn, dass se all owes fräi Haus iwwert d'Televisioun geliwwert kruten, wéi d'Barbarie op den Diere vun der Europäescher Unioun ausgesäit. D'Leit sinn also net hannert der Politik gelaf, mä d'Leit waren dee Moment viraus.

Dat erkläert och, firwat dass an deene verschiddenen Ëmfroen, ënner anerem déi vun Eurostat, d'Arméi awer e relativ gudder Ranking huet par rapport zu anere Politiken, déi an der Europäescher Unioun gemaach ginn. Woubäi een och nach eng Nuance muss mat erabrénge, dass déi Akzeptanz, déi d'Défense-Politik um europäeschen Niveau huet, och eng besser ass, wéi déi Asätz, déi gemaach ginn innerhalb vun der NATO.

Mir haben och d'Zäit an d'Méiglechkeet, fir dass ze testen am Virfeld vum Referendum iwwert den Traité constitutionnel, wou mer och bei Leit, déi relativ kritesch zum Vertrag stoungen, erfuer hunn, dass d'Akzeptanz bei den europäeschen Asätz, déi ënnert der Égide vun der Europäescher Unioun lafen, vill méi grouss ass, wéi déi bei der NATO, wou awer eng gewësse Skepsis sech ëmmer breetgemaach huet.

Dat huet och vläicht domat ze dinn, well déi Asätz, déi mer um Balkan maachen, engersäits vun der NATO ugefaange goufen an anerersäits vun der NATO a vun der Europäescher Unioun weidergefuert goufen. D'Initialzündung, fir am militäresche Jargon ze bleiwen, war jo déi vum 99er Asaz am Kosovo a géint Serbien. Dee war ganz kloer net mam Accord vum Conseil de Sécurité des Nations Unies gemaach ginn.

An d'Bestriewen deemools war jo, fir esou séier wéi méiglech erëm eng Kéier kompatibel ze gi mam internationale Recht. Vun deem Moment un, wou Lëtzebuerger Truppe mat aneren doëne waren, ware mer erëm eng Kéier am internationale Recht, an dass ganz kloer mam Accord vun de Vereenten Nationen an hirem Conseil de Sécurité. Déi Asätz, déi do gemaach ginn, déi, dass kënne mer rouge Gewëssens soen, sinn absolut kompatibel mam internationale Recht a mat de Prinzipien vun der UNO-Charta.

Datselwecht kann ee soe bei Afghanistan. A wann ech d'éinescht gesot hunn, dass weéng Froe gestallt ginn an eenzelne Kommissiounssitzungen iwwer zukünfteg Asätz, dass ass et précisément op deen doten, wou ech mech beruffen. Grad do, wou ech gemengt hat, et kéime vill Froen iwwert den Asaz, iwwer seng Pertinenz, iwwert de Risiko, iwwert d'Risikominderung an esou weider, do ass direkt den Accord vun der Kommissioun festgehalen ginn am Procès verbal, ouni dass een awer och nëmme déi geréngste Fro gestallt huet. Ech mengen also, mir müssen en Effort maache vu kritescher Begleedung vun der Défense-Politik, wou mer permanent déi Grondprinzipien an och den Asaz, deen ee vu Lëtzebuerg kann erwaarden, müssen an de Virdergrond stellen.

Elo zu Afrika. Ech mengen net, dass mer en Intérêt drun hunn, aus eisen Asätz an Afrika eng „never ending story“ ze maachen. Ech mengen och net, dass et dass, wat geplangt ass. Wann d'Lëtzebuerger Arméi mat enger beschränkter Zuel vun hiren Effektiven am Tschad deemnächst wäert present sinn, da muss een och kucken, a wat fir engem Kontext esou eng Asätz Plaz huelen.

No mengem Verständnis ass Afrika fir d'alleréischte eng Préoccupatioun vun den Afrikaner selwer. D'Union Africaine ass jo amgang, op engem riseger Chantier sech selwer d'Méiglechkeeten ze ginn, fir do ze intervenéieren. Awer si huet eng Partie ganz zolidd strukturell Handicapen. Duerfir muss se gehollef kréien, souwuel finanziell. Dass ass jo och gemaach ginn, andeems een Deel vun de Reliquats vum Fonds européen de développement konnte geholl ginn, fir déi Asätz ze finanzéieren, déi d'Afrikanesch Unioun gemaach huet, notamment am Darfur.

Wat kënne mer frou sinn, dass d'Afrikaner do en Deel vun der Responsabilitéit selwer assuméiere mat der Hoffnung, dass se enges Dags kënnen hir Responsabilitéte ganz assuméieren, an dass mer nëmme just nach an deene weéngen Nischen, déi bleiwen, selwer eis asetzen an abréngen. Duerfir soll een net den Tschad an och virun de Kongo elo gesinn als en Ufank vun enger Serie vun Asätz, déi ëmmer crescendo wäerten an d'Luucht goen, an déi à terme eis wäerten iwwerfuere.

Meng Virriedner hu vun enger Serie vun Asätz geschwat, déi zuleeméisseg schonn impressionant sinn. An déi eis och, mengen ech, op d'Limite brénge vun deem, wat mer eis kënnen erlaben. De Prozentsaz vun deenen, déi kënnen en mission goen, ass am Fong e relativ niddregen. En ass esou bei plus/minus 5% vun deenen, déi als Effektiven an den Arméien ageschriwwen sinn. Et sinn net vill Länner, déi iwwert deen dote Prozentsaz kommen. Wann een emol do läit, da läit een emol nach guer net esou schlecht.

Dat wëllt net heeschen, dass déi aner 95% an der Arméi näischt maachen. A contraire. Déi eng muss sech vibereeden. Et ass och en Encadrement do. Et si Leit, déi an der Schoul sinn. Et si Kaderen, déi fir d'Administratioun zoustänneg sinn. Duerfir fannen ech et richtig, dass fir op där Toile de fond, op där déi Lëtzebuerger Asätz sech ofzeechnen, mer déi néideg Zuel vun Effektiven an der Arméi hunn, fir kënnen eis Aufgaben ze bewältegen. Duerfir gi mir och eis Zoustëmmung fir d'Erweiterung vun den Effektiven. Éischstens, weéinst der Natur vun de Missiounen, der Villfalt vun de Missiounen, déi kommen; an zweetens och, fir dass se alleguer, wéi se an der Arméi sinn, net muttwëlleg iwwerfuere.

Mir hate jo als Fraktioun och alleguer viru kuerzem Besuch vun de Syndikater, déi och do eng Partie Stressperioden ageklot hunn. Mir hunn eis och mat deenen op eng verständneg a korrekt Manéier - mengen ech kënnen ze behaupten - ënnerhalen. Et ass och versicht ginn, no Weeër ze sichen, fir dass ze kompenséieren, wat se do akloen. Ech wëll do net weider an den Detail goen. Dass ass och Objet vu Règlements grand-ducaux, déi dann duerno an hiren Definitionen natierlech müssen a Gespréicher tëschent deenen zoustännege politeschen an administrativen Autoritéite gefuert ginn. Also, do ass absolut kee Problem bei eis.

D'Fro, ob een hält sollen op de Wee goe vun enger Professionalisatioun vun der Arméi huet jo déi Äntwert kritt, déi mer elo am Projet de loi kennen. Et kann een net soen, dass mer net drop gaange sinn. Et kann een awer och net soen, dass mer ganz drop gaange sinn. Ech muss och éierlech soen: Ech hält och Bedenke gehat, fir elo kuerzfristeg op esou e Wee ze goen. Dass wier einfach net méiglech gewiescht.

Mir wësse jo, dass et net evident war, fir déi néideg Zuel vu Caporéil bei der Arméi ze kréien, déi jo am Fong professionell hätte

kënnen agesat ginn. Dass huet jo ënnert dem Här Bodry ugaangen. Ech wëll domat näischt Negatives iwwer mäi Virgänger an der Défense soen, mä mir kenne jo awer och eng Partie Schwierigkeeten an d'Resultater, déi bei där Rekrutementscampagne erauskommen sinn. Esou dass dee Wee oder déi Form vu Sich no méi Professionalisatioun och net déi néideg Satisfaktioun kritt huet. Et kéint een elo eng laang Evaluatioun maachen an Ursachefuerschung, firwat dass dat esou war. Toujours est-il, dass déi Resultater éischter bescheiden ausgefall sinn.

Ech mengen, dass dee Wee, deen hei gewielt ginn ass an deen den Double volontariat aféiert, mat deenen Attributen, déi un där doter Qualitéit drunhänken, awer e vertrietbare Kompromëss ass; an dass aus enger Rei vun Iwwerleegungen. Ech wëll der nëmme just zwou zréckbehalen.

Éischstens kréie mer méi en héije Grad vu Professionalisatioun, ouni dass dat elo professionellt Militär gétt. D'Méiglechkeet steet zwar duerno nach op, fir iwwer eng Formatioun déi Carrièren anzuschloen. Ech géing och mengen, dass déi, déi deen dote Choix maachen, éischter predestinéiert sinn, fir op esou e Wee ze goen.

An zweetens, och duerch de Fait, dass ee praktesch siwe Joer do ass, misst menger Meinung no de Rekrutement méi liicht gemaach ginn. Et gétt jo all Kéiers virun all Rekrutementsphas geziddert: Ginn et der genuch? Mir kennen d'Zuelen. Et melle sech der 200. Et ginn der 50 zréckbehalen, an déi aner 150 kënnen net geholl ginn. Et kéint ee se och net alleguer huelen, muss ech hannendrop soen, well net all Kéiers der 200 éligibel wieren. Mä déi aner 150, déi net zréckbehalen ginn, déi scheiterten entweder un den Épreuves physiques oder un den Épreuves intellectuelles; déi Tester, déi gemaach gi virun. Wat och bedauerlech ass a wat och eis eng gewëssen Iddi gétt iwwert d'Leit, déi duerno e ganz schwierige Liewenswee viru sech hunn.

Déi Rémunératiounen, déi heimadder verbonne sinn, fannen och eisen Accord. Ech fannen, et ass normal, wann een op deen dote Wee geet, dass een dann och éischstens ganz gutt ofgeséichert gétt. Et si jo och schonn Effort gemaach ginn a puncto Ofsécherung vum Risiko, sollten awer ongewollt an unerwünscht Situatiounen iergendwéi eng Kéier antrieden, fir do déi gréisste Situations de détresse matérielle ofzewieren.

Ech mengen och, wann een dee Kompromëss hei wierklech wëllt erfollegräich bis zum Enn duerchdenken, dass een deene Leit, déi dohinne ginn, och gewësse Chancen an e gewëssenen Horizon professionnel opmaache muss. Een, dee sech an esou eng Carrière investéiert, dee brauch berufflech Perspektiven.

Elo ass dass éischter gesot wéi gemaach. Huele mer zum Beispill de Fall bei deenen, déi duerno bei d'Post ginn. Ech mengen, et wier net gedoen, wann een dann e Concours opmécht an et fënn een net genuch Militär, déi sech vibereet hunn, dass een dann dee Concours opmécht souwuel fir Leit, déi aus der Arméi kommen, wéi fir Leit, déi aus dem zivile Secteur kommen, well d'Post kann och rekrutéieren am zivile Beräich.

Et soll een do en anere Wee goen, méi pragmatesch. Wann net genuch Leit vun der Arméi prett a wëllens sinn, fir esou eng Carrière anzuschloen, da soll een alternéieren tëschent Rekrutement, déi exklusiv ënnert den Zaldote gemaach ginn engersäits, a wann et dann net duergeet, da kann een en anere Rekrutement maachen eng Kéier am zivile Secteur. Da kënnt een net an déi Situatioun, déi ech selwer erlieft hunn an déi och bedauerlech war, wou dann ee klot, deen aus dem zivile Beräich kënnt, dee sech besser placéiert wéi een aus der Arméi. Esou dass dass doten eng Méiglechkeet wier, fir déi Schwierigkeet ze ëmgoen. Ech hoffen, dass dat esou praktikabel ass, wéi ech dass elo hei soen.

Mir wieren op kee Fall d'accord, wann Entorsé gemaach géifen zum Prinzip vun der Prioritéit an der Exklusivitéit. Do muss ee sech Bec et ongles schloen, fir dass kënnen déi berufflech Perspektive weider gëllen, well et ass den normale Prolon-



gement vun deem Asaz, dee wéi gesot hei scho beschriwwé ginn ass, an deem am Fall vum Double volontariat ka bis siwe Joer goen, wann e Rengagement kënnt nach mat engem Joer Militärschoul.

Esou datt déi dote Bestëmmungen net nëmme kee Widerstand bei eis erviruffen, mä au contraire, mir droen déi mat, well et e vertriebaren Kompromëss ass. D'Erweiderung vun den Effektiver ass indispensabel.

Elo hu mer iwwer eng Partie Méiglechkeete geschwat vun den Asätz, da loosst eis och iwwert d'Limité schwätzen. Ech mengen, dat wat hei geplangt ass, dat ass par les temps qui courent dat, wat vertriebar ass. Ech schwätzen och iwwert de finanzielle Spillraum, dee mer eis musse ginn, fir an Zukunft dat do alles finanzéieren ze kënnen.

Ech hat am Ufank gesot, tëschent 0,3 an 0,4% wäert eise Beitrag ausmaachen. Dat ass net schrecklech vill, wann een dat vergläicht mat Länner, déi bei 1%, 1,2%, 1,5% leien, d'USA leien nach vill méi héich. An der NATO geet dee Spektrum praktesch vun näischt bis un 3% erun. Ech mengen, mir kommen hei op Limiten, déi sech emol net aus der Finanzéierbarkeet erginn an aus der Disponibilitéit vun Haushaltsmëttelen, mä ech mengen, mir kommen och un d'Limiten, wat d'Akzeptanz dobaussen ubelaangt.

Elo kënnt awer mat der Adoptioun, mam Akraaftriede vum neie Vertrag eng nei Erausforderung op eis duer. Eng vun den éischten Décisiounen, déi wäert geholl ginn, dat wäert e Versuch sinn, fir erauszefannen, wien a puncto Politique extérieure de sécurité et de défense commune méi wäit goe wëllt wéi den Duerchschnëtt oder de Rescht vun deenen aneren.

Et gëtt Länner, déi ganz wäit goe wëllen, dont Frankräich, aus ganz ville Grënn. Et sinn anerer, déi sinn do méi retizent, emol net onbedéngt déi skandinavesch, well Schweden huet seng ganz Militärpolitik ëmgekrepelt, fir konform ze sinn zu den europäeschen Asätz, an ech mengen, et ass scho beispillhaft, wéi déi dat fäerdeg bruecht hunn.

Wann déi Iddien nach ëmmer zirkuléieren, déi virum Referendum zirkuléiert sinn iwwert den europäesche Verfassungvertrag, nämlech déi, datt déi Länner, déi wëllen an enger Coopération renforcée matmaachen, missten 0,25% vun hirem PIB an d'Capacités investéieren, dann ass dat franchement fir Lëtzebuerg net akzeptabel, och wann ee seet, mir setzen dat do an den Trend a mir versichen à terme un 0,25% erunzekommen. Dat ass net ze packen. A wann ech nëmmen eleng mech op d'Capacitéit referéieren, déi mer hunn, fir d'Marchés publics auszeschreiwen, dann, mengen ech, kann ech mer net virstellen, datt mer praktesch deeselwechte Budget, dee mer elo schonn hunn an der gesamter Défense, nach eng kéier investéieren an d'Capacité militaire. Dat ass menger Meenung no net ze maachen.

Mir sinn och dat eenzegt Land - an duerfir wëll ech mech nach eng kéier referéieren op eppes, wat och dobaussen ni iwwert de karrikaturalen Zoustand an der Diskussioun erauskënnt, deen Transporter, dee mer kafen, deen déi eng Bomber nennen, anerer mengen, mir géifen domadder an de Krich fléien a lauter esou Geschichten, déi méi oder wéineger no oder méi oder wéineger wäit vun der Realitéit ewech sinn -, mir sinn dat eenzegt Land, wat do an eng Capacitéit investéiert, déi mer elo net exklusiv fir eis Lëtzeburger Arméi brauchen.

Mir sinn awer och dat eenzegt Land, wat do op eng couragéiert Manéier - wëll ech hei awer ausdrécklech betounen - déi europäesch Kaart spillt, well wéi ass déi Décisioun do zustanekommen? D'Décisioun ass zustanekomm, well e Katalog vu Capacités erstellt ginn ass, déi disponibel a wat gebraucht gëtt, fir all déi Missiounen ze maachen. Dertëschent konnt dann all Land soen, wou et matmaache wëllt.

Dat hei ass an zéng, 15, 20 Joer vläicht allgemeng europäesch Praxis. Mir sollen eis net genéieren, fir virun dozou ze stoen, an anerersäits soen, wann Der scho vun eis e gréisseren Effort verlaangt, da berücksichtegt awer och wann ech gelift eis spezifesch Situatioun. Da bréngt eis emol ee Land, wat dat do nach gemaach huet.

Bréngt eis e Land, wat am Katalog eppes erausgeholl huet, wat net direkt an exklusiv a senger eegener Arméi gebraucht gëtt. Entweder maachen europäesch Asätz e Sënn oder jiddferree geet fir sech.

An da stelle mer eis d'Fro: Wat géife mir da maachen, wa mer am Kosovo eleng wieren? Wat géife mir da maachen, wa mer eleng am Tschad wieren? Wat hätte mer da gemaach, wa mer eleng am Kongo gewiescht wieren? Wat hätte mer da gemaach, wa mer eleng a Bosnien-Herzegowina gewiescht wieren?

Entweder mir spillen d'Kaart vun der europäescher Solidaritéit, dat ass de Grondgedanke vun dëser Démarche, an dat ass och de Grondgedanken, deen dem europäeschen Zesummewuessen zu Grond louch, auquel cas akzeptéiere mer och d'Regelen, d'Synergie-Effekter, déi sech doraus erginn, oder mir fuere virun nëmme just um Niveau ze schwätzen, wéi ee sech ënnerhält, wann ee bei engem Humpe beim Comptoir steet.

De deux choses l'une! Entweder mir wëlle seriö eis investéieren an déi Saache mat engem Beitrag, deen eis zouzemudden ass an deen ass iergendwéi erreecht, wa mer dat emol realiséiert hunn, wat mer plangen. Oder mir loosse einfach d'Diskussioun hire fräie Laf hunn, an dat ass op laang Siicht net gutt fir d'Akzeptéieren...

(**Interruption**)

Ech mengen, Dir hutt lech ageschriwwen, Här Henckes?

(**Interruption**)

Mir wäerten eis Radaren, fir am militäresche Jargon ze bleiwen, esou wäit ausstrecken, fir ze kucken, wat Dir eis hei ze soen hutt a mir wäerten dat mat ganz grousssem Interesse entgéintheelen.

(**Interruptions diverses**)

Et gëtt zum Beispill Leit, an ech hoffen net, datt Dir dozou zielt, déi an der Zäit gesot hunn, mir hätte gär en Antonov, an da sechs Méint drop gesot hunn, mir wëlle kee Fliger.

(**Hilarité**)

Et kann een och net iwwert deeselwechten Tatbestand soen...

(**Interruption**)

» **Une voix** - Oooohh!

» **M. Charles Goerens (DP)** - Dat ass awer...

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)** - Ech wosst, dass déi Fro iwwert den AM 400 géif kommen, Här Goerens, dofir hunn ech meng Ried nach, fir dorop ze äntweren.

(**Brouhaha général**)

» **M. le Président** - Voilà, Här Goerens, fuert weider, da si mer och op dem Här Henckes seng Ried gespaant.

» **M. Xavier Bettel (DP)** - Dir gitt ëmmer falsch verstanen, Här Henckes!?

(**Hilarité**)

» **M. Charles Goerens (DP)** - Här President, et ass jo jiddferengem iwwerlooss - an ech hunn ze vill héije Respekt virum Här Henckes, fir och säi Standpunkt net ze berücksichtegen.

(**Interruption**)

Ech soen lech just aus menger Siicht, wat ee crédibelen Effort ka sinn zu Lëtzebuerg: datt dee muss ausgebaut ginn, datt e sech adaptéiere muss, an datt en op Limité stéisst. An ech sinn amgaang ze erklären, wat den Argumentaire vu Lëtzebuerg kënnt sinn, fir dobaussen déi Limiten ze rechtfertigen.

Mir misste kënnen an all europäescher Politik matmaachen, och wa mer Kritären net voll berücksichtegen, déi anerer imposéiere wëllen, well ech mengen, mir hunn a puncto Solidaritéit do net Lektionen zegutt vun aneren, déi méi eng Politique de défense mat Hannergedanke maachen, wéi mir se maachen. Eis ass - kann a wëll ech behaapten - reng op Solidaritéit opgebaut an huet doudsécher näischt ze di mat der Förderung vu Wirtschaftszweiger, déi hei am Land dovunner profitéiere géifen.

(**Interruption**)

Et kann ee jo och, wann een iwwert den Airbus schwätzt, sech d'Fro stellen: Wat wier dann d'Sécherheet zum Beispill am Approvisionnement vun Ersatzstécker, wann een exklusiv vun engem Land wéi Russland ofhänkt, wat jo gesäit, datt et um Krunn kann dréinen, wann et ëm de Gas geet? Do, wou se gebraucht ginn, erënnere se d'Leit heiansdo drun, datt se gebraucht ginn. A wann een eng europäesch Technologie wëllt förderen, ech mengen, dann ass et och net abwegeg, fir dat ze maachen. Wa mer hei iwwert d'Lissabon-

Strategie schwätzen a mir schwätzen iwwert d'Förderung vun europäeschen Technologien, dann däerf et och net ze vill abwegeg sinn, fir an deem dote Beräich en Deel vun der Fuerschung matzefinanzéieren, quitte datt deen och Retombéeën huet duerno op de Privatsektor.

Mä wat ech soe wollt a puncto Capacitéit an Investissement an d'Capacités, loosse mer dann och eng Rei vun Alliierte siche goen, haaptsächlech an Zentral- an Osteuropa, Länner, déi viru kuerzem eréischt bei eis komm sinn an déi immens schwierig Ëmstellungsprozesser doheem ze bewältigen hunn, vun deene locker verlaangt gëtt, datt se misste mindestens 2% vun hirem Revenu national brut an hir Défense-Politik investéieren. Dat ass franchement e Skandal an net akzeptabel!

Wann och d'Solidaritéit am Beräich vun der Défense - ech hunn et schonn eng kéier hei op der Tribün gesot - Sënn mécht, dann ass et och, fir deen doten ze hëllefen, hir Käschten iergendwéi in etwa ze bewältigen. 2% ass net zouzemudden an engem Land, wou nach e Prozentsaz vun 30%, 40% vun der Bevölkerung ënner prekäre Virzeeche liewen. Déi solle mer och versichen op eis Sait ze kréien.

An dann zum Schluss, an ech hätt am Fong missen domat ufänken, ech hätt missen domat ufänken, well et elementar ass. Déi Asätz, iwwert déi mer hei schwätzen, dat ass déi ultiime Décisioun, déi geholl gëtt, nodeem all déi aner Moyenen, déi virdrun hätte misse beméit ginn, versot hunn. Wa mer an enger Krisesituatioun sinn, da musse mer kucken: Wat kënn mer mat enger besserer Diplomatie erreechen, fir déi eenzel Kontrahenten zur Raison ze bréngen? Wann dat näischt bréngt, da musse mer kucken, wéi een am Kader vun internationale Recht Léisunge fënnt, fir dorobber hinzewierken.

Da si mer matzen an der Realpolitik mat hirer alledreckegster Fratz, an ech denken hei zum Beispill un d'Situatioun am Darfur, wou d'internationaalt Recht sech eng ganz Partie Optiounen versot huet. Ganz einfach, well am Conseil de Sécurité eng Partie Länner setzen, déi direkt Interessen ze vertrieden hunn, déi enger vernünftiger Politique de sanctions zewidderlafen. Mir hunn et do mat engem Zilkonflikt ze dinn an deene Politiken. Ech denken do u China, ech denken awer och un aner Puissancen, haaptsächlech awer China. Et ass also och net abwegeg, datt een da versicht, do d'Limité vun der Realpolitik ze entdecken. Mä wann eppes passéiert ass, lorsque les drames éclatent, il faut intervenir.

De Bernard Kouchner huet dat «le droit d'ingérence» genannt. Den Droit d'ingérence, dee gëllt, wann et absolut exécrabel Situatiounen gëtt. Wéi gesot, wa KZter opgeriicht ginn, wa Génociden an d'Haus stinn, wann d'Fraen, wéi et zum Beispill am Darfur de Fall ass, owes aus dem Lager erausginn an dann Holz oprafe ginn, fir sech kënnen eppes ze kachen. Firwat ginn d'Fraen do eraus? Mä d'Frae ginn eraus, well se soen: Mir ginn alt nëmme violéiert; wann d'Männer erausginn, déi ginn erschoss!

Mir kënn jo, wa mer dat do alles liesen - dat ass net falsch, wat mer do liesen -, soen: Dat do léisst eis total indifférent. Wann dat eis net indifférent léisst, da musse mer kucken, wéi mer esou Situatiounen kënn prévenéiere mat alle Mëttelen, an dozou gehéiert och deen aneren Domän, fir deen den Défenseminister zoustänneg ass, nämlech dee vun der Prévention des causes sous-jacentes oder causes profondes, nämlech dee vun der Preventioun vun den déiwen Ursaachen.

Et ass nämlech d'Aarmut. D'Aarmut ass e Sträitmécher, an déi meesch Konflikter, déi mer haut hunn, dat si Konflikter an de Grenze vun engem eegene Land, an net méi Konflikter tëschent de Staten, an dat huet ganz vill mat Aarmut ze dinn, well do wou Aarmut ass, ass och keng Governance, ass keng Regierungsfäegkeet, an do wou keng Regierungsfäegkeet ass, gëtt och keen Arbitrage gemaach, an do wou keen Arbitrage ka gemaach ginn, mat der Kontroll vum Monopol vun der Gewalt, hu mer esou Situatiounen.

Wann esou Situatiounen sech presentéieren, ka jiddferree mat sengem Gewëssen ausmaachen, wéi en dozou steet. Mir jiddefalls sinn der Meenung, wann esou eppes ass, ass et entweder le droit ou la compassion. Wa mer mengen, mir kéinte mat der Compassioun eleng d'Leit virum Massestierwen a virun ethnesche Säuberungen schützen, da solle mer dat soen. Mir sinn där Meenung net. Dat ass och eng Gewëssensfro, mä dat, wat ech elo gesot hunn, kënn mer als Demokratesch Partei jiddefalls ganz gutt mat eisem Gewësse vertrieden.

Dat gesot, wollt ech d'Zoustëmmung vu

menger Partei zu deenen zwee Gesetzer bréngen.

» **Plusieurs voix** - Très bien!

» **M. le Président** - Merci, Här Goerens. Den nächste Riedert ass den Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Ben Fayot (LSAP)** - Här President, déi zwee Projeten, déi mer haut behandelen, setze sech an eng Kontinuitéit an, déi 1990 ugefaangen huet, wéi déi geopolitesch Situatioun an Europa sech grondleeënd geännert huet a wéi déi bipolar Welt enger anerer, multipolarer Welt Plaz gemaach huet. Mir hunn d'Chance, dass mer dës Diskussioun a Presenz vun zwee fréieren Arméiministeren an deem heitege Minister kënn féieren.

1992 ass d'Gesetz iwwert d'Opérations de maintien de la paix vun deemolegen Arméiminister Jacques Poos verdeedegt ginn. 1997 ass eng Arméireform vum deemolegen Arméiminister Alex Bodry virgelaecht ginn. An der leschter Legislatur ënnert dem Arméiminister Charles Goerens sinn eng Partie weider Transformatiounen gemaach ginn.

Ënnert dem Alex Bodry ass den Astieg an de Statut vum Berufszaldot mat der Kreatioun vum Caporal gemaach ginn an ass déi Sportssektioun vun der Arméi geschaf ginn, déi jo groussen Zousproch haut och nach huet. Et ass och deen éischte Plan quinquennal vum Équipement militaire opgestallt ginn, wou déi Ween vun der Mark Hummer hierkommen, déi mer elo musse lues a lues ersetzen.

Ënnert dem Charles Goerens ass d'Arméi opgemaach gi fir Netlëtzeburger, déi en instance de naturalisation sinn. D'Partizipatioun um Airbus, dee mer jo 2017 solle kréien, ass an d'Wee geleet ginn. Dat sinn also Elementer, déi do sinn. Mir maachen also haut keng Tabula rasa. Mir probéieren an der Kontinuitéit, ons Arméi esou gutt wéi méiglech op hir Aufgabe vun haut anze-stëmmen.

Ech wollt awer, Här President, e puer méi prinzipiell Iwwerleeungen iwwert d'Arméi maachen, well déi Projeten, déi mer haut behandelen, déi ginn natierlech iwwert de Kader vun der Arméi eraus.

Mir wëllen en eegestänneg Land sinn. Mir wëllen als sollech international unerkannt ginn. Mir wëllen och an internationale Bündnisse fir ons Sécherheet an déi vun där Welt, an där mer liewen, an och ons Eegestännegkeet matschwätzen. Duerfir hu mer ons Mëttele ginn: eng Diplomatie. Mir hunn ons bilateral Ambassadé ginn, multinationale Representatiounen an internationalen Organisatiounen. Mir wëllen 2012 eng kéier an de Conseil de Sécurité vun der UNO kommen. Mir hunn eng bi- a multilateral Entwécklungspolitik, déi vill Zoustëmmung fënnt. Mir hunn och Mëttelen, fir an der Welt ze hëllefe bei Krisen a Katastrophen.

Zu all deene Mëttele gehéiert d'Arméi. Mir hu vum Rapporteur gehéiert, deem ech iwwregens fir seng exzellent Berichter hei wëll Merci soen, dass déi Arméi säit dem Zweete Weltkrich sech vill geännert huet. Ech ginn net op déi Saachen an. Nom Kale Krich an no deene geopolitische Bouleversementer vun 1990/91/92 huet d'NATO sech och zu engem neie Bündnis entwéckelt. Den 11. September 2001 huet den Terrorismus sech als nei Gefor révéléiert, an duerch d'Erweiderung vun der Europäescher Unioun vum 1. Mee 2004 huet d'EU en neien Noper krut an der Form vun engem grouss Land wéi Russland.

Mir wëssen, dass d'Europäesch Unioun a Sécherheits- a Verdeedegungsfroen haut nach ëmmer staark vun den USA ofhänkt. D'europäesch Aussen- a Sécherheitspolitik schwächelt nach ëmmer, well mer grouss Divergenzen tëschent de Mitgliedstaaten hunn. Déi goufen nach verstärkt duerch d'Erweiderung vun 2004. Si goufe révéléiert duerch den Irak-Krich, an och de Projet vum Bouclier antimissile a Polen an an Tschechien huet jo an der Europäescher Unioun fir grouss Tensiounen gesuergt a suergt och nach ëmmer dofir.

Och nach fir ze erënneren, dass et eng europäesch Arméi ni gi wäert, well mir haten zwar als Lëtzebuerg, aner Länner och, 1954 d'Europäesch Verdeedegungsgemeinschaft approuvéiert. Si ass awer ni komm. D'Europäesch Unioun wëllt och keng militäresch Allianz si wéi d'NATO oder déi d'NATO ersetze géif. An den Engagement vun Zaldoten op friemem Territoire kann nëmme vun engem Pouvoir national, vun engem Stat also décidéiert ginn an net vun engem supranationale Pouvoir, an esou e Pouvoir kann ons an och aner Länner ni obligéieren, hir Zaldoten ouni Zoustëmmung an eng militäresch Aktioun ze schécken.



Mir wëssen och, dass d’Petersberger Missioun e fakultativ sinn. Dat heescht, déi Länner, déi sech engagéieren, kënnen dat maachen, wa se wëllen, wéi se wëllen. A mir wësse jo, dass d’EU kee Superstat wëllt sinn an och net gëtt. Duerfir behalen och d’Memberlänner an der Défense hir voll Souveränitéit.

Derniewent gëtt et natierlech Faiten, si si schonn hei ugeklongen: 250.000 Doudeger an den 90er Joren a Bosnien-Herzegowina, de Krich vum Kosovo, d’Instabilitéit um Westbalkan, wou de Nationalismus ëmmer nach kann erëm frësch ausbriechen, op onser Dier! D’Gefor vum Terrorismus, deen och an Europa zouschléit, an natierlech d’international Responsabilitéit vun der Europäescher Unioun als grouss wirtschaftlech a politesch Muecht. Alles dat sinn Elementer, déi am Zesummenhang mat enger Arméi mussen am Kapp behale ginn.

Eng militäresch Muecht eleng ka keen eenzege Problem léisen. Keen eenzege Problem! Weder gëtt déi militäresch Muecht eng Sortie de crise un, nach ka se déi Sortie de crise selwer bewältegen. Si, déi militäresch Muecht, kann dat nëmmen, wa se mat diplomateschen, wirtschaftlechen, kommerziellen, entwicklungspoliteschen Instrumenter verbonne gëtt; wann eng Politik dohannert steet, déi déi militäresch Muecht à bon escient asetzt, fir international Spannungen ofzebauen a fir intelligent an effikass Léisungen ze fannen.

Dofir brauche mer eng ganz Gamme vu polyvalenten an upassungsfäegen Instrumenter, an dat ass héchstwahrscheinlech mat dee gréisste Problem och bei all deene Missiounen, an deene mer militäresch engagéiert sinn. Wann ech den Afghanistan zum Beispill huelen, wësse mer, dass et eng Zäit laang virun allem ëm militäresch Asätz gaangen ass. An d’Sortie de crise, fir déi afghanesch Gesellschaft op hir Eegestännegkeet ze preparéieren, an Demokratie an Entwécklung ze bréngen, wat ganz laang eppes war, wat lénsks leie gelooss ginn ass, ass déi lescht Zäit e bësse méi développéiert ginn.

Mä do läit menger Ansicht no de Problem, wa mer och décidéieren als Land Militär anzwousch hinzuschécken, dass mer gesinn, dass eng Politik dohannert ass. Am Kongo zum Beispill ware mer, fir der Demokratie op d’Spréng ze hëllefen, wat also eng positiv Démarche ass.

Mir wëssen, dass, wa mer an den Tschad ginn, dass mer hëllef fir eng humanitär Léisung ze fannen, mä mir wäerte sécher grouss Schwieeregkeeten hunn, fir de Sudan dozou ze bréngen, an dem Darfur eng friddlech Léisung ze fannen.

D’Europäesch Unioun gëtt sech am neie Lissabonner Traité nei Mëttele fir d’Aussepolitik: den „Ausseminister“, en diplomateschen Déngscht, d’Zesummeleer vum de Mëttele vun der Kommissioun an dem Conseil.

Déi nei europäesch Sécherheets- an Aussepolitik gëtt sech och eng nei Sécherheets- a Verdeedegungspolitik mat neien Objektiv an Instrumenter. An déi Objektiv si wéi scho gesot de Kampf géint den Terrorismus, erwidert Petersberger Missiounen, eng Solidaritéitsklausel vun alle Memberstate fir ee vun hinne, wann en ugegraff gëtt, an e Fong, fir Missions de gestion de crise ze finanzéieren. Dobäi kënnt och d’Agence européenne de la défense, déi jo scho säit 2004 besteet. Also, déi ganz Problematik vun der Lëtzebuurger Arméi ass an engem Netz vu villen Obligatiounen a vu villen Akzeptatiounen, déi mer als Land um internationale Plang ginn hunn.

Ech wëll och nach kuerz op eppes hiweisen, wourop och de Charles Goerens schonn higewisen huet. Dat ass d’Problematik vun der Coopération structurée permanente, déi an deem neie Lissabonner Vertrag ass. Déi gouf, kann ech hei bezeien, op Pressioun vun deene grouss Memberstaten, besonnesch Frankräich a Groussbritannien, ageschriwwen. Ech erënnere mech am Konvent, wéi mer déi Problemer do diskutéiert hunn, hu mir als Lëtzebuerg an och aner klenger a mëttler Länner ons dogéint ausgeschwat.

Dir wësst jo, dass d’Coopération structurée permanente deene Länner soll erlabe matzeschaffen, déi déi noutwendeg militäresch Capacitéiten hunn, fir - wéi et am Vertrag steet - «des missions plus exigeantes» ze erfëllen. Dat ass eng héich politesch Problematik fir Lëtzebuerg, well Lëtzebuerg heirunner deelhuele kann oder net. Et ass keen, deen et forcéiert, fir dorunner deelzuehelen. Wann et net dorun deelhält, da gehéiert et net méi zu deem Krees vu Länner, déi de viischte Peloton vun der Europäescher Unioun ausmaachen. A wann et dorun deelhält, da kënnt Folgendes op et duer - ech zitéieren -:

- sech engagéieren, bestëmmt Objektiv mat militäreschen Investissementer anzehalen;
- mat de Länner, déi an där Coopération structurée dra sinn, hir militäresch Instrumenter ze harmoniséieren;
- d’Interopérabilitéit an d’Capacité de déploiement vun hire Kräfte ze stäerken;
- Lacunen an hirer Verdeedegung ze stoppen;
- un de Programmer deelhuele, déi d’Agence de défense ënnerhält.

Dat heescht also, theoretesch op jidde Fall wéi et am Vertrag steet, ganz wäit a senge militäreschen Efforten ze goen. Et muss een allerdéngs soen, fir dat elo e bësse erofzespillen, dass ausser de sougenannten „headline goals“ déi am Juni 2004 fir 2010 festgeluecht goufen, et nach keng quantitativ Elementer gëtt, fir ze decidéieren, op wat Lëtzebuerg sech alosse géif, wann et dann dorunner deelhuele wëllt.

Och de leschte Conseil européen elo vum 13., 14. Dezember 2007 huet ons do net ganz weiderbruecht. Et ass just een Absatz iwwer d’europäesch Sécherheetsstrategie dran, déi dem Här Solana d’Aufgab gëtt, d’Implémentatioun vun där Strategie bis Enn Dezember 2008 ze verbesseren. Dat wëllt also net ganz vill soen.

Ech mengen awer, dass Lëtzebuerg Intérêt huet, fir vun Ufank un un den Diskussiounen fir déi Coopération structurée permanente deelzuehelen. Et wär menger Ansicht no eng falsch Opfaassung vum europäesche Partenariat, wann e Club vu grouss Länner eleng d’Verdeedegung vun Europa iwwerhuele géif an déi kleng a mëttel Länner net mat doranner agebonne wäeren. Dat war iwwerdegens och d’Ursach, firwat dass mer deemools am Konvent, wéi dat hei decidéiert ginn ass, ons dergéint ausgeschwat hunn.

Här President, natierlech - an do sinn ech och mat alle Virriedner d’accord - ass d’politesch Zilsetzung dat Allerwichtigst. D’Fro stellt sech jo: Wëlle mer a Krisen agräifen, déi de Friden an d’Stabilitéit a Fro stellen, net nëmmen direkt ronderëm ons, mä och a Géigenden, déi méi wäit sinn, awer déi eng Influenz fir Europa hunn, oder wëlle mer dat net?

Mir maachen dat an onse Missiounen, déi an der aussepolitescher Kommissioun, déi jo nom Gesetz vun 1992 sech dozou soll ausschwätzen, souzesoen ëmmer eestëmeg decidéiert ginn. Mir hate bis elo nach keng Onstëmmegkeet doriwwer.

Natierlech ginn ech och dem Charles Goerens do Recht, dass mer als Fraktiounen och méi intensiv heiansdo kéinten nofroen a vläicht ons méi wäit an d’Zukunft projezéieren, fir ze gesinn, wou d’Missiounen dann erauskommen a wat dann um Enn vun deene Missioun steet, well ee ganz oft d’Impressioun huet, dass dat nach net genee gesi gëtt.

Här President, wat déi zwee Arméiprojeten ugeet, ass mer vun deem engen oder anere gesot ginn, mir hätten déi Projeten do Hals iwwer Kapp behandelt. Als President vun där zoustänneger Kommissioun, déi dee Projet hei traitéiert huet, wëll ech dorop hiweisen, dass déi Projeten zwar spéit déposéiert gi sinn, mä dass mer am Virfeld de 16. Oktober an de 4. Dezember 2006, de 15. Januar an den 13. September 2007 iwwer d’Reform vun der Arméi an der Kommissioun mam Minister geschwat hunn, vum Minister informéiert gi sinn an iwwer déi Prinzipien an déi Direktiounen vun där Reform geschwat hunn.

Mir hunn och vun him héieren, dass mat de Gewerkschafte vun den Offiziéier an den Ënneroffiziéier am Joer 2006 eng aktiv Diskussioun iwwer déi Reform stattfonnt huet an dass an där Diskussioun eng wäitgehend Eenegung iwwer déi Reform konnt erreecht ginn.

Fir d’LSAP ass d’Reform vun der Arméi e gudde Kompromëss zwëschent onsem Wëllen, international ze hëllefen, an onse finanziellen a mënschleche Mëttelen, déi beschränkt sinn. Ech wëll elo net iwwer den Detail vun där ganzer Reform do nach eng kéier dat widerhuelen, wat de Rapporteur Marcel Glesener scho gesot huet, mä just e puer Punkte kuerz sträifen.

Déi éischt Fro: Firwat maache mer net carrément eng Beruffsarméi, wéi dat an der Kommissioun vun enger Fraktioun gesot ginn ass? Firwat bleiwe mer bei enger Fräiwëlegenarméi mat engem extraen Engagement fir déi Unités de disponibilité opérationnelle?

Mir mengen, dass eng Fräiwëlegenarméi fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg méi nützlech a méi no bei der Realitéit ass wéi eng Beruffsarméi. Fräiwëleger bleiwen an Zukunft dräi plus ee Joer an der Arméi; even-

tuell am héchste Fall sechs plus ee Joer. Mir mengen och, dass dat den ultimativen Terme ass, wou een ouni Schwieeregkeet erëm an d’Ziviliewe kann iwwergoen. Da sinn déi Leit méi liicht ze integréiere wéi Leit, déi eventuell 20 oder méi Joren an der Arméi sinn.

Dee Fräiwëlegesystem do kann ee jo net gesinn ouni d’Relatioun mat deem System vu Reconvertioun, dee mer asetzen duerch déi obligatoresch Militärschoul, natierlech och duerch dee Service de reconversion, deen dann niewent déi Arméischoul kënnt, déi Zesummenaarbecht mat der ADEM wéi och mat deene Schoulen, déi Formations accélérées fir déi Leit, déi aus der Arméi kommen, kënnen ubidden.

Dat mécht e Ganzt: déi relativ kuerz Period, wou déi jonk Jongen a Meedercher an der Arméi sinn, an déi Offer vu Reconvertioun a vu Schoul, École de la deuxième chance - wann een esou ka soen -, déi mer hinne ginn. Natierlech hänkt ganz vill dovunner of, wéi dat realiséiert gëtt a mat wat fir enger Konsequenz mer dat maachen.

En anere Punkt betrëfft d’Effektiver, déi vum Conseil d’État ganz staark kritiséiert gi sinn. Deen theoretesche Kader, deen hei festgeluecht gëtt, ass an der Optik 2015 bis 2020 ze gesinn. Dee soll der Arméi Planungssécherheet ginn, fir déi Aarbechten an déi Missiounen ze preparéieren, op déi mer ons kënnen gefaasst halen; och fir genuch Offiziéier, Ënneroffiziéier a Leit ze hunn, fir eben déi Missiounen, déi mer alleguerte kennen, ze realiséieren.

Et muss ee sech och Froe stellen iwwer de Rekrutement. Mir wëssen dat alles, mä et ass scho wichtig, dass ee sech en theoretesche Kader gëtt, dee grouss genuch ass, fir dass op alle Pläng duerch den Encadrement fir d’Zaldote selwer déi Missiounen méiglech ginn, déi mer iwwer ons international Obligatiounen kréien.

E weidere Punkt ass d’Fro vun der Prioritéit, Superprioritéit oder Exklusivitéit. Mir ginn deene Jongen a Meedercher, déi aus der Arméi kommen, eng Prioritéit bei offentlechen Déngschter. Déi an den Unités de disponibilité opérationnelle sinn, kréien eng Superprioritéit oder eng Exklusivitéit fir gewëssen Aarbechten. Mir wëssen, dass do nach munches muss preparéiert ginn. Mir wëllen dofir mam Minister vun der Arméi an och mam Minister vun der Fonction publique zusemmekommen, fir ze gesinn, wéi dat reibungslos an de Gemengen a beim Stat a bei soss offentlechen Etablissementer fonctionnéiere kann.

D’Attraktivitéit vun der Arméi hänkt dovunner of, wéi d’Zukunftsaussichten, d’Berufsaussichte fir déi jonk Leit herno am zivile Liewe sinn. Wa mer net hikréien, dass dat kloer ass fir all d’Gemengen, fir all d’öffentlech Etablissementer, da brauche mer iwwerhaupt net unzefänken.

**(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)**

E weidere Punkt betrëfft natierlech d’Material an d’Infrastrukturen. De Rapporteur huet dat Gesetz iwwer d’Activatioun vum Fonds d’équipement militaire duergestallt. Ech muss lech soen: Dat Material, wat kaaft gëtt, schéngt mir elementar ze sinn, fir d’Truppen ze schützen an deene Missiounen, déi se hunn.

Mir waren och den Härebiereg kucken. Ech war do e bësse erschütter, muss ech éierlech soen. Bekanntlech solle jo do aacht Pavillonen ofgerappt ginn, well mer ebe keng Arméi méi hu wéi déi, fir déi den Härebiereg gebaut ginn ass.

Dat war d’Arméi vum obligatoresche Militärdéngscht. Do ware vill méi Zaldoten, déi ëmmer do waren. Haut logéieren owes nach 30 bis 40 Militär an der Kasär. All déi aner ginn eigentlech fort a komme moies erëm an d’Arméi. Dat heescht, dass dat eng ganz aner Kasär gëtt. Mä nach musse mer fir déi Jongen a Meedercher, déi mer gären an der Arméi hätten, e Kader schafen, deen awer komfortabel, propper a modern ass; déi Kasären, déi et elo do uewe gëtt, sinn zwar zum Deel renovéiert ginn a sinn amgaang renovéiert ze ginn. Et huet ganz laang gedauert. Schued, dass de Minister Wiseler net hei ass. Et hätt een him dat och nach eng kéier kënnen rappeléieren.

Et ass en Hohn, dass mer jonk Leit an esou Konditiounen schaffen dinn. Duerfir hoffen ech, dass mer och dee Projet d’investissement, deen am Plan pluriannuel vum Stat ass, dee bis 34,5 Milliounen soll investéieren um Härebiereg, plus d’Erneuerung vum Centre de tir zu Bleesbréck, relativ schnell hei an d’Chamber kréien. Well soss brauche mer net unzefänken, fir Reformen ze maachen, wa mer net elementar Konditiounen schafen, fir déi ze realiséieren.

Vläicht nach e lescht Wuert iwwer d’Missiounen, déi mer bis elo haten. Déi lescht,

wou mer onsen Accord ginn hu fir den Tschad, war jo och e bësse diskutéiert ginn. Ech mengen awer, dass mer étant donné deene Opschrei, deen och wéinst där humanitärer Katastroph am Darfur iwwer ganz Europa gaangen ass, ons net kënnen entzéien.

Mir wëssen, dass dat eng Operatioun ass, déi relativ schwieereg en place ze setzen ass, well mer do eng ganz spezifesch militäresch Situatioun hu wéinst der Presenz vun de franséischen Truppen. Mir mussen och oppassen, dass mer do eng strikt Neutralitéit an deem Land behalen. Ech menge schonn, dass och d’Europäesch Unioun mat hiren afrikanesche Partnerlänner net derlaanscht kënnt, fir sech och bei där enger oder där anerer Missioun ze engagéieren.

Bei all deene Missiounen, déi mer an der aussepolitescher Kommissioun an deene leschte Joren decidéiert hunn, hu mer all Informatioun an och all Apaisementer krut. Natierlech ass net auszuschléissen, dass eng kéier do eppes geschitt. Am Afghanistan, wou ons Zaldoten de Flughafe beschützen, maache se och Eskortten ausserhalb dem Flughafen. Se kënnen also à tout moment och engem Attentat zum Opfer falen.

Mir mussen dat wëssen, wa mer iwwer déi Missiounen schwätzen. Mä natierlech gëtt et a Länner, wou Krichssituatiounen sinn, keng absolut Sécherheet. Mir mussen op jidde Fall maachen, dass déi Zaldoten, déi mer dohinner schécken, esou gutt wéi méiglech ausgebild sinn, och esou gutt wéi méiglech ausgerüst sinn, fir dass hir Sécherheet garantéiert ass, a fir dass se hir Missioun ënnert deene beschtméigleche Konditiounen kënnen erfëllen.

Mir haten een Ablack och an der Kommissioun vun deem Suivi vun deenen Zaldote geschwat, déi an déi Missiounen ginn. Dee Suivi gëtt natierlech - och dee psychologesche Suivi - an der Arméi gemaach. Mä dono gëtt en net gemaach. Dat ass eng interessant Fro, op déi een och soll oppassen.

Dat waren, Här President, déi puer Remarquen, déi ech wollt zu där Arméiereform hei maachen. Ech wollt och zugläich den Accord vun der LSAP-Fraktioun bréngen an hoffen, dass mer déi Reform kënnen zügeg duerchzéien.

Merci.

**» Plusieurs voix.** - Très bien.

**» M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Fir d’Fraktioun vun deene Gréngen huet den honorabelen Här Braz d’Wuert gefrot.

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wëll aganks dem Här Glesener direkt Merci soe fir sâi Rapport, dee schrëftlechen an dee mëndlechen, déi zimlech prezis an ëmfaassend ofgedeckt hunn, ëm wat et hei geet bei deenen zwee Projeten, déi mer zesummen diskutéieren.

Mir wëllen och e bësse méi wäit aushuele bei deem heite Projet, fir ze begrënnen, firwat dass mer op déi Konkusiounen kommen, zu deene mer komm sinn. Et ass och derwäert, dass ee sech mat der internationaler Lag beschäftegt respektiv mat hirer Entwécklung, wann ee gesäit, wéi oft d’Arméi an hirer Organisatioun geännert huet. Dat ass net oft gewiescht. Eenzel Virriedner si schonn drop agaangen. Dat ass am Rhythmus vu minimum zéng Joer a méi, wou sech Wesentleches an der Organisatioun vun der Arméi deet. An eigentlech misst et jo esou sinn, dass déi Ännerungen, déi d’Arméi bannendra virhält, eng Äntwert sollen duerstellen op dat, wat an der Welt ronderëm si och geschitt ass.

Wann een déi lescht 20 Joer kuckt, dann ass an der Welt viles geschitt. D’Sowjetunioun ass net méi do. Dee Regime, deen d’Welt an zwee grouss Stécker opgedeelt huet a wou d’Welt einfach ze verstoen an einfach ze analyséiere war, respektiv wou ee sech konnt mat engem groussen Deel vun de Problemer vun der Welt net ofginn, well jo déi aner dofir zoustänneg waren, an deem Blockdenken, wat zu där Zäit prévaléiert huet. Dat ass haut net méi de Fall!

Als eng vun de Konsequenzen dovunner ass och an de leschten 20 Joer d’Globaliséierung - déi Welt aus engem Stéck - mat



grousse Schrëtt virugaangen. A wann ech soen aus engem Stéck, dann ass dat haapt-sächlech aus engem ekonomesche Stéck, well aus engem politesche Stéck ass déi globaliséiert Welt net, a si huet Konsequenzen. Si huet Konsequenzen, si huet Virdeeler, si huet awer och Nodeeler.

An en Deel vun den Nodeeler bréngt och Leit dozou, a Konflikter mateneen ze trieden, an déi Konflikter si meeschtens mat Aarmut begrënnt. Et sinn also sozial Erklärungen, an et sinn och ganz oft ekologesch Erklärungen, nämlech Ëmweltkatastrophen oder sech ubahnend Ëmweltkatastrophen, déi déi Konflikter do och erklären.

Mä och d'Konflikter selwer hu geännert. D'Aart a Weis, wéi d'Konflikter ausgedroe ginn, huet an de leschten 20 Joer geännert. Vu wéinigen Ausnahmen ofgesinn, wann och notablen Ausnahmen ofgesinn, gëtt et eigentlech keng Ugrëffskricher méi an de leschten 20 Joer, mä et sinn an der Regel intern Konflikter, oft ethnesch Konflikter oder Konflikter ëm Ressourcen. An dat heescht och oft, dass et ëm d'Iwwerliewe geet bei deene Länner, déi a Biergerkricher oder aner Zorte vun interne Konflikter ausaarten.

An an deem Kontext do ka kee Land sech méi hanner sengen nationale Grenze verstoppen. Friddenspolitik ass den Asaz vun all deenen um Planéit, déi gudde Wëllen hunn an déi gudde Wëllens sinn. Friddenspolitik ass de Géigendeel vu Gläichgültgkeet, a Friddenspolitik ass och, dohinner ze kucken, wou eppes geschitt, a sech dann net ewechzedréinen.

Dat ass eng Haltung, déi och Lëtzebuerg anhuele soll. Mir missten eigentlech soen: soll weider a verstärkt anhuelen. Et gëtt awer net nëmmen eng Äntwert op déi dote Froen. Et gëtt méi Aart a Weisen, déi Froen do ze beäntweren.

Mir Gréng definéieren d'Friddenspolitik nach ëmmer an ëmmer méi als prioritär eng preventiv Politik. Eng Politik, déi sech ëm d'Ursaache vun de Konflikter këmmert, ëm déi sozial an och déi ekologesch Ursaache vun deene Konflikter, déi an aller Regel och nach zesumme kommen an net onbedéngt gesënnert lafen.

D'Lëtzebuenger Friddenspolitik muss eiser Meenung no also prioritär an de Fridden investéieren a mir hunn als Gréng dofir och an de leschte Joren eng ongedeelte politesch Ënnerstëtzung ëmmer nees zougesot fir dat kontinuéierlecht Eropsetze vum Lëtzebuenger Effort an der Kooperatiounspolitik. En Domän, wou mir Lëtzebuenger weltwäit eng Spëtzeplaz anhuelen a wourobber mer zu Recht kënnen houfreg sinn.

Deen Effort, dee mer maachen an der Kooperatiounspolitik, ass een, deen e wesentleche Bäitrag ass an e wesentlecht Element ass vun enger gutt verstanener Friddenspolitik.

A wa mer vun enger Partie vun eisen internationale Partner ëmmer nees virgerechent kréien, dass mer bei de Militärdépensen net Schratt hale mat aneren, da si mir Gréng der Meenung, dass dat eis éischstens gutt zu Gesiicht steet, dass mir net do an allem musse Schratt hale mat aneren, déi aner Capacitéiten hunn.

An zweetens si mer och der Meenung, dass dat, wat mir am Beräich vun der Kooperatiounspolitik maachen, och en Deel vun där Dépense ass vun der Sécherheetspolitik, well mer eben der grondsätzlecher Opfaassung sinn, dass Sécherheetspolitik méi ass wéi nëmme Militärpolitik, an duerfir sinn déi Dépensen, déi mir méi tätége wéi all déi aner Länner praktesch um Planéit am Beräich vun der Kooperatioun, preventiv Dépensen, Dépensen, déi do ukommen, wou déi richteg Ursaache vun de Konflikter leien, an déi probéieren d'Konflikter also ze prévenéieren.

An dat ass ee Stéck vun der Sécherheetspolitik, a mir sinn dofir och iwwert déi Wieder, déi gebraucht ginn - engersäits Kooperatiounspolitik an anerersäits Militärpolitik - net besonnesch glécklech, well eigentlech si se alle béid e Stéck vun enger Friddens- a Sécherheetspolitik weltwäit, an duerfir leie mer als Lëtzebuenger och richtig, wa mer soen: Rechent eis net nëmmen d'Zuele vir vun der Militärdépense, huet wann ech gelift a Betruecht, dass mer och

op där anerer Säit ganz héich Dépensen tätegen. An dat zesummen, do brauche mer de Verglach mat kengem ze scheien, well mir leie mat eiser Politik op deenen Aspekter do eiser Meenung no richtig a vläicht och méi richtig wéi déi, déi eis et wëlle falsch rechne mat deenen Zuelen, déi si als déi relevant ugesinn.

Mä et ass natierlech net nëmme Kooperatiounspolitik. Och wa mir dorobber vill Gewiicht leeën a vill Wäert drop leeën, kënnt een net dolaanscht, fir sech och mat deem aneren Aspekt awer ofzeginn, mat deem Aspekt, deen iwwert d'Kooperatioun erausgeet.

An och do gëtt et nach ëmmer méi wéi nëmmen eng Äntwert. Et gëtt nach ëmmer méi Méiglechkeeten, fir drop ze äntweren. Et kann een d'Fro stellen: Brauch ee Land wéi Lëtzebuerg iwwerhaupt eng Arméi? Kéinte mer net integral op eng Arméi verzichten? Dat ass eng Fro.

D'Äntwert wier: Wat wieren d'Alternativen? Wann een déi Fro stellt, dann halen awer dofir d'Konflikter um Planéit net automatesch op. Déi Konflikter ginn net onbedéngt vun deene lassgetréppelt, déi herno opdauchen, fir se wëllen op en Enn ze bréngen. A wann déi Konflikter opdauchen, wéi geet een dann domadder ëm? Soe mer dann als Lëtzebuenger: Mir sinn der Meenung, dass dat internationaalt Recht soll duerchgesat kënnen ginn; mir sinn der Meenung, dass dee Konflikt do soll opheieren, an da loosse mer anerer fir eis dat maachen a mir partizipéiere mat engem Scheck. Dat ass eng méiglech Äntwert, wann ee seet, mir brauche keng Arméi. Da kënnen mer mat de Suen eise Bäitrag leeschten, an nëmme mat de Suen.

Eng zweet Äntwert wier, mir partizipéieren hannendru mat haauptsächlech zivilen Elementer, emol net an der zweeter Rei, mä éischter an der drëtter oder véierter Rei. Och dat wär e Bäitrag, och dat wier le cas échéant gehollf.

Drëttens, et kann een och soen, et intervenéiert ee mat deem, wat emol eng Zäitchen zivil Corpsé genannt ginn ass, déi awer den Nodeel hunn, datt se eng Vermëschung maachen tëschent Militäreschem an Humanitäre. A wa mir och der Meenung sinn, datt déi Saachen oft nieftenee ginn a mat Momenter och emol kënnen Hand an Hand goen, esou gehéiere se awer grondsätzlech besser getrennt. Humanitär Missiounen, notament vun ONGen, sinn dann am effikassten, wa se net kënnen de Reproche gemaach kréien, si wäeren näischt anescht wéi verstoppten oder anescht ugedoe militäresch Elementer.

Dofir, wann ee sech déi dräi Optionen duerch de Kapp goe léisst, da seet een: Jo, et kann een d'Fro stellen, kënnen mir Lëtzebuenger net soen, mir brauchen eigentlech guer keng Elementer vun enger Arméi a mir hätten aner Méiglechkeeten, fir e Bäitrag ze leeschten zu den internationale Konflikter?

Mä mir sinn awer der Meenung als gréng Fraktioun, dass déi dräi Optionen do alleguerten, wa se och valabel Optione kënnen sinn, fir Bäitrag ze leeschten, eigentlech net déi bescht Optione sinn, an duerfir och net eng gutt Option sinn, well se alleguerten ee grousse Makel hätten, nämlech deen, dass eis kéint virgeworf ginn: Dir maacht lech et einfach an Dir hätt wuel gären eng international Weltuerdnung, déi sech no bestëmmte rechtsstaatleche Prinzipien orientéiert, an Dir wëllt awer do, wou et dann och emol ka richtig weídoen, wou wierklech Geforen am Spill sinn, wou et och emol ka wierklech ëm Mënscheliewe goe fir den Asaz vun internationale Recht a fir Befriedung vu Géigende vun der Welt, do loosst Der awer déi Aarbechten, déi wierklech an der éischter Rei stinn, anerer maachen.

An dat ass eigentlech ee Reproche, dee seet: Dir iwwerhuelt Är Verantwortung net wierklech. An duerfir si mer der Meenung, dass dat d'Äntwert net ka sinn, och net vun engem klenge Land. Well grad déi kleng Länner hunn en Intérêt dorun, dass d'Weltuerdnung esou ass, dass dat internationaalt Recht eescht geholl gëtt. A wann ee vu Recht schwätzt, da muss een och akzeptéieren, dass vu Flichte geschwat gëtt, an dat bedéngt dann eben och, dass all d'Länner, déi et gëtt, déi wëllen, dass internationaalt Recht virgeet, och akzeptéieren, dass se hiren Undeel un de Flichte vun deem internationale Recht musse wouerhuelen, ob se grouss sinn oder kleng sinn, ob se vill Moyenen hunn oder manner Moyenen hunn. Ewech- an derlaanscht-rieden ass eigentlech keng gutt Option.

Dat eleng beäntwert awer och elo d'Froen nach net all. Well och, wann ee seet, et ass richtig, dass ee seng Verantwortung iwwerhëlt, da sinn awer nach ëmmer Froen, an dat sinn déi wesentlech Froen, wat ee mécht, firwat dass een dat mécht, an op wéi

eng Aart a Weis dass een et mécht. Et sinn also am Ganzen dräi Froen.

Bei wat solle mir matmaachen als Lëtzebuenger Land mat eiser Arméi? Wat solle mir do maachen? A wéi ginn esou wichteg Froe wéi déi vu militäresche Presenzen an Asätz décidéiert, international an och national?

Zu der éischter Fro: Bei wat solle mir matmaachen? Eis Äntwert als gréng Fraktioun ass: Net bei alles. Net bei allem, wat anerer mengen, wou mer sollte participéieren. Well net alles richtig ass, wat anerer richtig fanen, a well mer och awer kleng sinn an duerfir och eng kleng Arméi hunn, déi net alles ka maachen.

Duerfir si mer der Meenung, dass mer do solle participéieren, wou et ëm Fridde geet, wou et ëm Befriedung geet, wou et ëm Mëscherechter geet a wou et ëm Respekt an Duerchsetze vun internationalem Recht geet. Bei esou Missiounen, déi fir d'Weltgemeinschaft richteger a wichtiger sinn, soll Lëtzebuerg prinzipiell a potenziell kënnen matmaachen.

Bei anere Saachen, wou et verstoppten Agendae gëtt, wou offensiv Aktiounen ënnerholl ginn, solle mer bei deem bleiwen, wat mer déi lescht Joren ëmmer gemaach hunn, an net wëlle participéieren. Mir sollen also net bei allem matmaachen.

Zweet Fro: Wat solle mer dann do maachen, wa mer matmaachen? Och do ass eiser Meenung no d'Äntwert: Net alles. Well et kee Sënn huet, dass mer probéieren, alles ze kënnen. Dat wäerte mer net errechen. Mir sollen dat maachen, wat mer kënnen a wat eis och gutt zu Gesiicht steet, wann ee bedenkt, wéi e Rôle Lëtzebuerg insgesamt an der internationaler Politik spillt.

Da solle mer och militäresch Missiounen a Presenzen definéieren, déi bei dat passen, wat mer och soss soen, wa mer bei internationale Ronne probéieren, eng Stëmm ze hunn, an et geléngt eis jo méi wéi eng kéier, eng Stëmm bei esou Saachen do ze hunn.

Mir wäeren och ze kleng, fir alles ze maachen. Duerfir ass déi eenzeg richtig Option, eng Spezialiséierung ze maachen a sech ze beschränken op e puer Saachen. E puer Saachen, déi wichtig sinn, déi noutwendeg sinn, déi och fir eis Partner duerstellen, dass mer eis Verantwortung iwwerhuelen, a Saachen, déi mer doduerch, dass et der net ze vill sinn, och gutt kënnen maachen. An et ass also derwäert, dass ee bei där Reorientéierung vun der Arméi probéiert, sech déi Saachen auszesichen, déi richtig sinn, well eis Arméi ass eigentlech bis haut nach am Wesentlechen organiséiert wéi zu der Zäit vun Kale Krich, wou et den Ennemi gouf, deen een huet misse bei minus 20 Grad bekämpfen, haauptsächlech am Norde vun Europa oder vun der Welt.

Wa mer kucken, wou mer haut higeschéckt ginn, do ass et an der Regel waarm an do sinn déi Equipementer an déi Spezialiséierung an déi Formatiounen éischter anerer wéi dat, wat jorzéngtelaang de Kär vun der Formatioun a vun der Spezialiséierung vun der Lëtzebuenger Arméi ausgemaach huet.

Déi drëtt Fro war déi: Wéi ginn esou Saachen décidéiert, wa mer solle participéieren, international an awer och national? Fir eis ass éischstens kloer, dass d'militäresch Presenz ëmmer d'Ultima Ratio soll sinn. An dat ass net einfach en huele Saz. Et ass wierklech vun eis esou gemengt, wéi ech et elo gesot hunn, dass mer der Meenung sinn, dass ëmmer all aner Methoden an Instrumenter musse virgezu ginn.

Zweetens solle mer eis um internationale Recht baséieren. Et muss kloer sinn, dass wann et eng Lëtzebuenger Participatioun gëtt, da bei Missiounen, déi duerch d'Völkergemeinschaft gedroen an ënnerstëtzt ginn.

Ech wëll awer do fairerweis och eng Klamer opmaachen a soen, dass dat seng Limiten huet, well do, wou d'Völkergemeinschaft eppes décidéiert a sech eens gëtt, och am Sécherheetsrot vun der UNO, ass et an der Regel och relativ kloer. Leider gëtt et awer och Fäll, wou d'Völkergemeinschaft et net decidéiert, well sech am UNO-Sécherheetsrot net eens gi gëtt, an nawell ass d'Saach kloer. An dat sinn déi Grenzfäll, wou ee weess, dass eenzel Membere vum UNO-Sécherheetsrot aus reng nationalen, geopoliteschen Iwwerleeunge verschide Saache kënnen blockéieren. An där Fäll gouf et schonn an där wäert et nach ëmmer ginn, soulaang mer net eng reforméiert UNO hunn, an déi Fäll stellen dann awer Gewëssenskonflikter duer, déi, wa mer se net mam internationale Recht kënnen beäntweren, nawell als Gewëssenskonflikt stoe bleiwen a bestoe bleiwen, an dat ass eng vun de Limiten, duerch déi Organisatioun, déi den UNO-Sécherheetsrot huet am

Moment, vun deem Wëllen eleng um internationale Recht ze berouen.

Dat wëll ech awer éierlecherweis soen, wa mer soen, dass mir als Gréng eis wëllen eenzeg an eleng un d'internationaalt Recht halen. Et gëtt do Limiten, an déi soll een net nëmmen net wëlle gesinn. Dat ass also kloer, dass et fir eis op dëser Grondlag och zu Reforme muss kommen.

Mir wëssen allerdéngs, dass dat net liicht wäert ginn, well déi Statuten, déi et haut gëtt an der UNO, si Statuten, déi aus engem bestëmmte Kontext kommen; an déi ze reforméieren an déi Länner ze iwwerzeegen, déi dozou hir Zoustëmmunge musse ginn, dat gëtt alles anescht wéi eng liicht international Diskussioun.

Wou mer et awer kënnen beaflossen, a wou mer op keen ugewise sinn, dat ass, wann et dorëms geet, wéi déi Décisiounen hei am Land geholl ginn. Mir hunn am Moment eng bestëmmte Prozedur, déi allgemeng als e bësse schwéierfällleg ugesi gëtt.

Mir hunn engersäits de Fall, wou Lëtzebuerg géif an de Krich zéien. Dat ass an der Verfassung geregelt, do läit d'Décisioun bei eisem Grand-Duc. Mir hunn awer nach eng ganz Partie aner Fäll duerch international Traitéen, wou mer kënnen duerch Décisiounen vum eisen internationale Partner an duerch Engagementer, déi mer iwwert déi Traitéen agaange sinn, op eemol Partie prenante vun engem Konflikt sinn. An do ass et kloer och opgrond vun deenen Traitéen, dass et d'Regierung ass, déi formell de Beschloss hëlt, fir eis Arméi do ze engagéieren.

D'Fro ass awer, an doriwwer gëtt am Moment diskutéiert: Wéini soll d'Regierung dat maache par rapport zu hire Relatiounen mam Parlament? Do gëtt et am Moment e Konsens, dat eigentlech als eng relativ schwéierfällleg Prozedur unzegesinn, well se duerch hir Schwéierfällgkeet keng Plus-value weider bréngt. Do gëtt et am Moment och e Vorschlag, fir déi Décisiounen ofzeänneren.

Wou mir Gréng, an dat wëll ech och hei op der Tribün an aller Däitlechkeet soen, awer insistéieren, ass, dass d'Parlament muss agebonne ginn, an zwar net nëmmen op eng konsultativ Aart a Weis, mä mir sinn der Meenung, dass d'Regierung do gutt berode wär, sech op e Wee ze bewegen, dee kloermécht, dass d'Regierung a kengem Fall envisagéiert, Leit a Konflikter ze schécken, ouni den Assentiment vun der Chamber oder zumindest vun der Majoritéit vun der Chamber ze hunn, wat fir eng Regierung an der Regel bedeit, den Assentiment vun hirer eegener Majoritéit.

Sech en Text kënnen virstellen, deen och nëmmen theoretesch géif virgesinn, dass et kéint passéieren, dass eng Regierung Leit an e Konflikt schéckt, ouni eng Majoritéit vum Parlament hannert sech ze hunn, ass eiser Meenung no falsch, an duerfir si mer der Meenung, dass d'Regierung sech op deem dote Punkt nach eng kéier all d'Elementer soll duerch de Kapp goe loosser, fir dass mer kënnen zu engem Konsens op där doter Fro kommen, déi kloermécht, dass et ouni demokratesch Légitimatioun an Ënnerstëtzung duerch d'Parlament et keng Engagementer vun der Regierung soll ginn.

Virduun huet de Spriecher vun der CSV, de Kolleg Norbert Hauptert, och op déi Zoustänn um Bierg higewisen an huet gesot - ech schwätzen elo vun de Gebailechkeeten do uewen -, déi Leit hätte keng Lobby.

Ech wëll an déi Polemik net aklammen, wien dann elo all déi Joren dofir zoustänneg war, obwuel déi Fro net esou onberechtegt ass, mä den Här Hauptert sot, déi Leit hätten do uewe keng Lobby. Dat ass richtig. An dat huet och domadder ze dinn, wien an d'Arméi geet. Zu den Zäiten, wou et och den Här Hauptert nach getraff huet, fir op de Bierg mussen ze goen, do ass am Prinzip jiddereen an d'Arméi gaangen. Och d'Kanner vun Deputéierten, och d'Kanner vu Ministeren, och d'Kanner vun Dokteren an anere wichtige Leit fir eis Gesellschaft. Zënter dass dat net méi esou ass, gi lauter Volontären an d'Arméi. Leit, fir déi et oft eng lescht Chance ass, fir déi et eng Perspektiv ass, fir eng Verbesserung ze kréien. An ech mengen,...

(Interruptions et hilarité)

Wat ech awer wollt soen, ass, dass ech mengen, dass de Fait - an do ginn ech dem Här Hauptert ganz Recht, wann hie seet, datt déi Leit keng Lobby hunn - och dorunner läit, wien déi Kanner sinn a wien seng Kanner dass et sinn, déi, zënter dass mer déi obligatoresch Arméi ofgeschaf hunn, nach dohinner ginn. Déi hunn effektiv keng Lobby. A wann ee weess, wien dat ass a firwat se ganz oft de Wee iwwert de Bierg sichen, da weess een, dass déi Leit



tatsächlech keng Lobby hunn. Net onbedéngt aus deene Grënn, déi vläicht vir-drün am Raum hungen, mä ech mengen, dass dat déi wierklech Grënn sinn, firwat dass och esou mann do uewen an all deene Joren investéiert ginn ass. An déi Gebailechkeeten, déi mer eis als Kommissioun ukucke waren, déi an engem ganz schlechten Zoustand sinn, sinn iergendwou och e Spigelbild vum Gesamtzoustand vun der Arméi.

Ech wëll dat festmaachen un e puer Saachen: Éischtens emol, Dir hutt ee Beispill genannt, de schlechten Zoustand vun de Gebailechkeeten. Zweetens, déi Vitesse, mat där d'Renovatioun vun deene Gebailechkeete virugeet, ass alles anescht wéi otemberaubend. Drëtte Punkt, d'Arméi ass ganz schlecht organiséiert par rapport zu deene Missiounen, déi se zënter e puer Joer elo muss wouerhuelen, wat jo de Sënn ass an den Enjeu vun dëser Reform. Et ass also well se organisatoresch net gutt drun ass, dass mer dës Reform musse maachen.

A véiertens huet se Problemer beim Rekrutement. Déi sinn net nei, déi sinn awer zimlech intensiv. Mir hu virun enger Partie Joren - ech mengen dat war ënnert dem Här Goerens - eng Ouverture gemaach op d'EU-Ausländer. Dat gräift och zum Deel. Déi Zuele leien, wann ech déi Zuel gutt am Kapp hunn, ëm déi 13%.

» **M. Charles Goerens (DP).** - 20%.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Jo, am Text, am Exposé des motifs stoung d'Zuel vun 20% beim Projet de loi, mä wou mer um Härebiërg bei der Visite waren, krute mer awer erkläert, dass et an hire Statistiken 13% wieren. Duerfir hunn ech elo déi Zuel genannt, Här Goerens.

Mä mir kréien awer och erkläert, dass déi 13% net eppes sinn, wat derbäikomm ass bei d'Rekrutementer, mä dass dat méi oder weëneger dat kompenséiert, wat et zrëckgaangen ass vu Kandidature vu Leit mat engem Lëtzebuerger Pass. Elo soll ee sech just eng Sekonn virstellen, wou mer da wieren, wa mer déi Ouverture net gemaach hätten! Mä et huet net wierklech eppes verbessert, et huet eigentlech nëmmen derfir gesuergt, dass et sech net verschlechtert. Dat ass och schonn eppes, mä gutt geet et point de vue Rekrutement do uewen nach ëmmer net.

Et ass also insgesamt kee kloert, kee gutt Bild, an als leschte Punkt kënn nach derbäi, dass et och keng kloer Ausrichtung gëtt an der Aarbecht, déi do uewe gemaach gëtt, op d'Missiounen hin, wann een d'Formatioun vun de Leit kuckt, déi do uewe sinn, wann een d'Organisatioun kuckt an och d'Equipementer. Och vun deem dote Point de vue hier ass d'Arméi ganz staark reformbedürfteg.

Et ass also kloer, dass den Zoustand vun der Arméi - an da widderhuelen ech dat Wuert vu vir-drün, wou de Minister getickt huet - haut schlecht ass, wat och de Grond ass ënner anerem, woufir mer déi Reform hei haut diskutéieren an och wëlle maachen.

Geet déi Reform do an och den Investitiounsprogramm, deem dozougehéiert - et si jo zwee Projeten, déi mer haut hei um Ordre du jour hunn -, duerfir an déi richteg Richtung respektiv gi se eisen Uspréch als gréng Fraktioun duer? Eis Äntwert ass Neen. Sinn déi Saachen, déi mer haut hei diskutéieren, duerfir grondfalsch? Do ass eis Äntwert och Neen. Si sinn net grondfalsch.

Éischtens emol well dat, wat mer haut hunn, definitiv keng Äntwert méi ass op bal keng vun de Froen, déi gestallt sinn. Zweetens, well och déi proposéiert Reform duerch hir Ausrichtung op déi Unités de disponibilité opérationnelle, wat eng Ausrichtung ass, déi eigentlech méi an d'Logik elo akëmmt vun enger klorer Ausrichtung vun der Formatoun op déi Missiounen hin, déi musse gemaach ginn, grondsätzlech richteg ass. A well och déi Spezialisierungen, déi mer an den Texter virgesinn, grondsätzlech och déi richteg Ausrichtung duerstellen, well mer soen: Kommt mir probéieren e puer Saachen ze maachen, déi awer duerfir gutt ze maachen, a mir ginn eis duerfir och déi néideg Moyenen an och déi néideg modern Equipementer fir d'Zaldote respektiv u Geschier.

Duerfir ass et eiser Meenung no richteg. Et ass och an där Logik vun deem Text, deem d'Regierung proposéiert huet, och richteg, wat elo alles um Beräich vun der schoulescher Formatioun derbäikënn. Dass opgehalé gëtt, Leit 15 Joer laang an der Arméi ze behalen, dass mer also op de Wee vun 3 plus 1 respektiv 6 plus 1 maximum ginn an dass mer dat Joer Schoulformatioun obligatoresch maachen, dat sinn alles an der Logik vum Text positiv Saachen, an duerfir

soe mer och, dass deen Text net grondfalsch ass mat deem, wat hie mécht.

Trotzdeem si mer mat eisen Uspréch der Meenung, dass den Text deenen net gerecht gëtt, well en eiser Meenung no op falsche Prémissë berout. Den Text berout op falsche Prämissen op engem Punkt, nämlech deem, dass en, an dat gëtt och an der politescher Debatt oft ënnerstrach, de soziale Rôle vun der Arméi immens eraussträicht. An et gëtt begrënn, dass villes vun deem, wat mer fir den Härebiërg maachen, jo bal näischt mat Militär ze dinn hätt. Et ass jo dach de soziale Rôle, ëm deen et geet! Do erfëlle mer dach eng sozial Missioun an déi ënnersträiche mer.

Mir sinn der Meenung, dass déi sozial Missioun net esou dichteg ass, wéi se ëmmer nees beschwat a beschriwwé gëtt, an dat kënn Der lech bestätege losse vu Leit, déi mat der Éducation nationale ze dinn hunn, déi also wëssen, wat an der Schoul um Terrain geschitt. Déi wëssen, déi soen lech, dass deene Leit, déi fréier op den Härebiërg gaange sinn, déi wierklech am normale schoulesche System net wäit komm sinn an herno e Manktum vu Perspektiven haten, effektiv konnt iwwert den Härebiërg gehollef ginn; si hunn duerfir sech enger Missioun entleedegt, hunn hiren Déngscht um Land an der Arméi geleescht, an deene konnt dann eng Perspektiv geliwwert ginn.

Déi Leit do ginn haut um Biërg och net méi geholl. Och den Härebiërg hält net jiddferen ënner seng Fittichen a gëtt him eng Perspektiv an eng Carrière. Och den Härebiërg stellt aner Erwaardungen un déi Leit, déi hie rekrutéiert, well seng Missiounen anerer gi sinn, well seng Spezialisierungen aner Uspréch stellen. Duerfir ass dee vill beschriwwenen a beschwatene soziale Rôle haut net méi deeselwechte wéi deen, deen en effektiv emol war. An da soll een dat och net an de Vierdergrond stellen.

D'Grënn, déi zu der Reform féieren, sinn aner Grënn, an iwwert déi Grënn musse mer diskutéieren, fir dass mer dann och déi richteg Äntwert dorobber ginn, an net eng, wéi mir fannen, virgeschoben Äntwert.

Zweete Grond, firwat dass mer net ganz mat där Reform d'accord sinn, ass, well mir schwätze vill iwwert de Volontariat an der Arméi. Mir behaupten awer, dass de Volontariat mat dëser Reform u seng Grenze stéisst an eigentlech och iwwer seng Grenze schonn zum Deel erausgeet. De Statsrot seet iwwerens eppes Ähnlech. De Statsrot bemängelt och déi Differenzierungen, déi bannent der Arméi gemaach ginn. Saachen, déi och aner Leit kritiséieren.

Déi Manéier, déi mer elo hunn, fir d'Arméi ze organiséieren an dësem Text, schaaft eng Zort Arméi an der Arméi. A si schaaft zum Beispill bei de Beruffsperspektiven duerno eng Prioritéit vun de Prioritéiten. Mir hunn also zwou Zorten Arméi. Mir hunn déi eng Arméi a mir hunn déi aner Arméi. Mir hunn déi eng Arméi, déi integral um Volontariat baséiert an déi klasesch Aufgabe mécht, déi d'Arméi nach ëmmer gemaach huet, a mir hunn deen anereren Deel vun der Arméi, deem déi international Missiounen muss wouerhuelen, a wou d'Designatioun an déi UDOen, an déi Unités de disponibilité opérationnelle eran anereren sinn.

A wann een den Text ganz opmierksam liest, dann ass et wuel en duebele Volontariat: Volontariat fir sech an d'Arméi ze mellen, an am Prinzip och e Volontariat, fir an den UDOen ze sinn. Sollt et awer esou sinn, dass mer net genuch Kandidaten hunn duerch de Volontariat, dann ass et um Minister derfir ze suergen, dass déi international Engagementer, déi mer agaange sinn, trotzdeem respektéiert bleiwen. Wat dat heescht, brauch ech jo net op Lëtzebuerger gesch nach eng Kéier ze widderhuelen.

Duerfir behaapte mer, dass an dëser Reform de Volontariat net nëmmen u seng Grenze stéisst, mä eigentlech schonn op eenzelne Punkten, awer net déi mannsten, iwwer seng Grenzen erausgeet.

Duerfir plädéiere mir als gréng Fraktioun derfir, dass mer eis solle kloer doriwwer sinn, wat mer mat der Arméi wëllen international maachen, wéi e Rôle dass mer hir zoudenken an deem internationale Kontext, wou mer sinn, an dass mer dann och sollen eng vun A bis Z kohärent Äntwert op déi Erausforderunge ginn. Dat heescht fir eis, eng komplett Beruffsarméi, an net nëmmen eng deelweis Beruffsarméi.

D'Beruffsarméi hu mer jo schonn. Wann ee seet Beruffsarméi, dann ass dat näischt ganz Neies. Mir hu scho Beruffsarméi an den ieweschte Carriëren, bei de Caporëil, mat de Rekrutementsschwiergekeiten, déi mer do kennen. Dat ass eng vun de Froen, déi ze beäntwerte sinn, wann ee seet,

kommt mir maachen eng komplett Beruffsarméi. Mä mir sinn der Meenung, dass dat eng méi kohärent Äntwert ass op déi Missiounen, déi mer och an dësem Gesetz dem Härebiërg wëlle ginn. Da kommt mir maachen dat konsequent! Kommt mir gi kohärent Äntwerte vu vir bis hannen!

Fairerweis wëll ech awer och hannen-drühänken, dass och am Kontext vun enger integraler Beruffsarméi eng Partie Froe misste beäntwert ginn. Well eng komplett Beruffsarméi heescht net, dass da jiddferer vun der ieweschter bis zu der ënneschter Carrière bis zu der Pensioun géif an der Arméi bleiwen.

Fir déi ënnescht Carrière géif et nach ëmmer ze diskutéiere ginn iwwer Formatiounen, Reconversionen, déi Froen wäeren do och nach ëmmer gestallt. Mir sinn awer der Meenung, wann een all d'Elementer ofweit, da weess een, dass et mat dëser Reform net déi lescht wäert sinn, déi mer maachen, an dass mer déi Joren, déi mer elo virun eis wäerten drécken, vläicht - an eiser Meenung no och elo schonn - hätte kënnen iwwersprangen an eng kohärent Äntwert ginn. Mä wann ee seet Beruffsarméi, da soll een dat net vermësche mat den Asätz, déi se maachen, mat de Motivatiounen vun den Asätz an och mat der Aart a Weis, wéi se décidéiert ginn. Dat huet domadder näischt ze dinn. Dat solle mer nach ëmmer esou maachen, wéi mer et vir-drü beschriwwen hunn.

Mä wa mer dann no all deem zu där Décisioun kommen, da solle mer méiglechst dofir suergen, dass et optimal forméiert Leit sinn, déi vun Ufank u wossten, op wat se sech aloossen, déi eng richteg Ausbildung hunn, an déi domadder déi gréisste Chancen hunn, och zrëckzekommen ouni kierperlechen an anere Schued erlidden ze hunn. Dat ass eigentlech den Enjeu. Wa mer et décidéieren no all deem vu vir-drün, da soll et esou sinn, dass déi Leit déi beschte Chancen hunn a) hir Missioun ze erfëllen a b) och zrëckzekommen an deene fir si optimalste Konditiounen. Do soe mir als gréng Fraktioun, gëtt et Besseres ze maache wéi dat, wat mer haut maachen.

E lescht Wuert zu den Dépenses militaires, zum Equipement. Och do wäerte mer eis enthalen, well mer der Meenung sinn, dass en Deel vun deene Saachen, déi do drastinn, richteg sinn. Mir sinn der Meenung, dass et déi richteg Spezialisierung sinn am Beräich vun der Waasseropbereedung an am Beräich vum Déminage.

Bedenken hu mer allerdéngs bei de Missions de reconnaissance. Do si mer der Meenung, dass dat besser vun aneren Arméie ka gemaach gi wéi vun der Lëtzebuerger Arméi. Mir kënnen eis duerchaus virstellen, dass et nieft der Waasseropbereedung oder dem Déminage nach aner Missiounen kënne ginn, wou d'Lëtzebuerger Arméi duerchaus eng Spezialisierung an eng Plus-value um internationalen Niveau kéint bidden; beispillsweis bei Rüstungskontroll, beispillsweis bei Sanktionsiwwerwaachungen, bei Beobachtermissiounen, bei techneschen Asätz, bei Kommunikationsinstrumenter, bei Chaînes d'approvisionnement.

Et gëtt also do och nach eng ganz Partie méiglech Asatzberäicher, wou eng Lëtzebuerger Arméi kéint eng reell Plus-value bréngen, déi eis och gutt géng zu Gesiicht stoen. Dat ass eiser Meenung no wesentlech manner de Fall bei der Reconnaissance, wat awer de Gros vun den Dépenses militaires ausmécht: déi Véhicules de reconnaissance, déi Véhicules tactiques. Dofir wäerte mer eis och do enthalen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Henckes ageschriwwen.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Här President. Fir d'éischt e Wuert vu Merci un de Rapporteur, den Här Marcel Glesener, deen ons hei ganz vill Aarbecht erspuert huet an den Diskussiounen, an och en exzellente schréftlechen a mëndleche Bericht virbruecht huet.

Wat d'Prozedur ugeet vun dësem Projet de loi, wëll ech awer op eppes hiweisen. Dat ass, dass mir den 13. dëses Mounts - den 13. Dezember - de Rapport ugehall hunn, an datt mer de 14. Dezember den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires kritt hunn. Ech hunn awer och nogekuckt. Ech hu gesinn, datt d'Offizéier an d'Ënneroffizéier hiren Avis de 4. Dezember d'ginn haten. Si waren also rapid genuch. Hir Force d'intervention war rapid genuch. Et ass just um Niveau vun der Chambre des Fonctionnaires, wou dat net de Fall war. Dofir wäert ech mer och erlaben, herno am Laf vu menger Interventioun op e puer Froen, déi

an deem Avis opgeworf gi sinn, anzegoen an dann d'Regierung ze froen, wat se dovunner hält.

Méi generell gesinn, ass et kloer, datt et an där globaliséierter Welt, an där mer haut liewen, fir déi europäesch Natiounen zwou Possibilitéiten, zwou Visiounen vun der Welt gëtt, wou se mengen als souverän State kënnen ze intervenéieren. Déi eng gesinn an de Vereenegte State vun Amerika hire Spriecher an internationale Froen. Si gesinn och an de Vereenegte Staten dat Land, wat si militäresch soll verrieden, an deem si eventuell dobäi bäistinn. Dat ass de Fall fir England, fir Dänemark, fir Polen, d'Tschechien; weinstens bis elo. Dat ka sech ëmmer änneren. Déi aner Alternativ besteet doranner, datt een eng europäesch Approche kritt, wou Europa mat deenen eenzelnen Natiounen, déi dat wëllen, d'Vereenegt Staten als e Konkurrent ugesäit, an domadder seng eegen Intérëten - vun Europa a vun deene Länner, déi et representéieren - ka verdeedegen.

Mä all europäesch Aussepolitik kann net goen ouni och eng militäresch Presenz. Datselwecht gëllt bien entendu och fir déi humanitär Missiounen, déi mer virleien hunn. Dofir si mer also prinzipiell der Meenung, datt een hei zu Lëtzebuërg eng Arméi brauch. Mir sinn och prinzipiell der Meenung, vu d'Geforen, déi mer hunn, déi am Operationelle bestinn, datt do eng Beruffsarméi am Prinzip de beschte Wee wier.

Mir sinn awer elo an der Situatioun, datt mer esou eng Arméi hunn. Och an deene Propositionen, déi d'Regierung ons elo am Gesetzesprojet virgeluecht huet, gesäit een, datt déi UDOen - wéi dat an Abréviatioun genannt gëtt - méi oder weëneger den Embryo si vun där zukünftiger Beruffsarméi, an datt mer op där zweeter Säit - an der zweeter Kategorie, wann een esou kéint soen - eng École de la deuxième chance hunn. Eng Schoul, wou éischtens eng Présélectioun gemaach gëtt fir déi, déi an déi UDOen - an déi Forces d'intervention - do solle mat erakommen, an op där anerer Säit déi Leit, déi iwwer eng gewëssen Zäit - 36 Méint - an der Arméi waren, plus nach zwielef Méint Reconversion, deen Ablack - wa se wëllen - wa se aus der Arméi erauskommen an net verlängeren, awer och d'Méiglechkeet hunn, fir mat deem Bagage, dee se an der Arméi kritt hunn, sech um Aarbechtsmaart kënnen ze verdéngen an och domadder natierlech verschidden Atoutë geltend kënnen ze maachen.

Si hunn eng Priorité d'embauche. Här Minister, wann ech d'Gesetz gesinn, do steet am Ablack nach ëmmer d'Post dran. Or, ech mengen, wann d'Liberaliséierung vun der Post geschitt, da misst dat aus dem Gesetz gestrach ginn. Ech froe mech souguer, ob et net opportun wier, dat vir-drün ze sträichen, well mer soss elo schonn a Situatiounen kommen, datt déi nei Recruten dann drop mengen, datt se eventuell do kéinten ënnerdaach kommen. Do gëtt et manifestement deen Ablack just nure méi eng privat Post. Dat ka vläicht de Fall sinn, mä da misst et si fir all Organismes postaux an net nure fir déi eng Post. Ech wollt dat just nure mat uféieren als Reflexioun, datt mer also do mussen en neie Wee vläicht goen an d'Gesetz prezisiéiere respektiv modifiéieren.

Da kënne mer och feststellen, datt mer, wa meng Zuele richteg sinn, vun ablacklech 818 Leit, déi an der Arméi si sief et als Zaldoten sief et als Zivilisten, elo op 1.046 géingen eropgoen. Dat heescht e Plus vun 228 mat der Méiglechkeet, fir eventuell weider Capacitéite virzegesinn. Dat schéngt en vue vun deenen Auslandsmissiounen an deene Roulementer, déi musse gemaach ginn, och absolut noutwendeg ze sinn. Ech wëll net op déi eenzel Carrières-Problemer agoen. Do kënn Der gutt verstoen, datt een, wann een net wierklech total an der Matière dran ass mat alle Prezisiounen, dat net ka maachen.

Par contre sinn awer an den Avisen, déi mer kritt hunn, e puer Problemer opgeworf ginn, wat notament d'Iwwerstonnen ugeet. Dat war an deem Avis vun der Chambre des Fonctionnaires. Ech géng gär vun der Regierung gewuer ginn, well dee Problem anscheinend net geregelt ass: Wat ass de Problem, a wat fir Léisunge wëllt Der do virgesinn?

Da gëtt vun der Prime de rengagement geschwat, déi no 18 Méint soll verschwannen.



Ech hunn elo gesinn, datt d'«Prime de ren-gagement» elo «Prime» heescht, mä datt sech awer nach duerch d'Durée d'engage-ment, déi gehéicht gëtt, do awer vläicht an der lwwergangszäit e puer Problemer wäerte stellen.

Esou wéi ech de Projet de loi gelies hunn, ass eng lwwergangsregelung an deem Sënn virgesi ginn, datt déi, déi elo an der Arméi sinn, déi Prime de ren-gagement kéinte kréien - esou verstinn ech et weinstens -, an datt eréischt déi, déi an Zukunft kommen, wann d'Gesetz bis gestëmmt ass, déi Prime de ren-gagement no 18 Méint net méi géife kréien. Mä och do wier ech frou, wann ech kéint e puer Expli-katiounen zu där Problematik kréien.

Dann ass deen zweete Volet dee vun den Dépenses militaires. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass kloer, datt déi Debatt doriwwer garantéiert wäert nach eng Zäitchen daueren. Wéi mer d'Debatt hei haten an der Chamber 2005 iwwert de Mil-itärfliger A400M, hu mir als ADR géint dee Projet de loi gestëmmt. A mir bleiwen och nach haut där Meenung, datt, wann een eng europäesch Léisung sicht, dat op jidde Fall déi falsch Léisung ass.

De Fliger, deen do gebaut gëtt, soll Mo-kuchsdag fäerdeg ginn, well no de leschten Donnéeën...

(Interruption)

....weess nees erëm keen, wéini e fina-lement fäerdeg gëtt. Dat ass nees e bësselche retardéiert ginn.

(Interruption)

De Käschtpunkt war fir d'éischt bei 120 Milliounen ugesat ginn, esou stoung en am Projet de loi. D'Fransousen hunn en an der Tëschenzäit op 150 Milliounen Euro erop-ge-sat, nodeems si en an enger Tëschenzäit op 133 Milliounen fixéiert haten. Ech hunn also d'Impressioun, datt mer do nach eng Zäitche wäerten un deem Fliger do be-zuelen. An d'Regierung ass dann och frou, da ka se all kéiers 13 Milliounen Euro an eppes an de Fong mat eraginn, an dann eventuell kucken, ob dann iergendwann eng kéier dee Fliger do gebraucht gëtt.

Et ass kloer, datt et Alternative goufen. Déi sinn och diskutéiert ginn. Ech erënneren dorun, datt notamment déi däitsch Re-gierung 2001 festgehalten hat, datt et eng wirtschaftlech besser Alternativ géif ginn, datt et och eng operationell besser Alter-nativ géif ginn, an dat wier den Antonov.

» Plusieure voix.- Ah! Ah!

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- An den Antonov, dat wëll ech hei just awer soen, ass en ukrainesche Fliger,...

» Plusieure voix.- Ah! Ah!

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- ...a kee russeschen, wéi dat heiandso fälschlecherweis ugesi gëtt, well d'Lizenz gehéiert der Ukraine, déi jo och soll Member ginn.

Ech si keen Expert am Militärfliger. Ech wëll just nëmme soen, datt, wann déi däitsch Militärexperten, wann een Deel vun de Mil-itärexperten aus verschiddene Länner den Antonov virgesinn haten, da muss een deene Leit jo awer och kënne gleewen, wann déi e Fliger fannen, dee besser ass, wat déi operationell Fäegkeeten ugeet an deene Missiounen, notamment fir Hëllefsgidder an d'Krisegebiddern ze verschécken, datt dee Fliger deen Ablack besser wier, virun allem wann e genau en Drëttel bis d'Halschent vun dem Präis géif kaschte vun deem aneren, a wou mer hei guer keng Problemer hätten, wat d'Liwierung ugeet.

Dat ass eng Debatt, déi ee ka féieren, an déi hu mer gefouert; et ass en anere Wee gaangen, mä erlaabt mer awer nach all kéiers ervirzesträichen, datt mir d'Noutwen-degkeet vun esou engem Fliger op jidde Fall net agesinn. D'autant plus datt mer en net hei kënne zu Lëtzebuerg iwwerhaapt stationéieren an en iergendwou soss muss stationéiert ginn.

Par conter hu mer awer och, Här Minister, permanent, an dat och nach 2005, den Här Koepp an ech, iwwer Questions parlemen-taires e puermol festgestallt, datt déi viereg Regierung gradesou wéi dës Regierung net déi richteg Prioritéit bei den Investitiounen géife maachen, andeem se d'Prioritéit

engem Fliger géif ginn, an datt op där anerer Säit et eng etlech Investitiouns-mängel géif ginn.

Un de Kasären, wann ech dat richtig gesinn, ass vun 1955 un net méi vill ge-ännert an net méi vill moderniséiert ginn, a mir hunn dorop higewisen, datt, wat déi Leit ugeet, déi Zaldoten ugeet, déi mer an d'Ausland schécken, déi Reconnaissance maachen, mer do eng etlech „Humvien“ haten, déi net kugelsécher waren. A mir hunn ëmmer gesot, datt et onverantwortlech wier, fir do déi falsch Prioritéiten ze setzen.

Dat Richteg geschitt elo endlech mat dësem Gesetz. Duerfir si mer och frou doriwwer. Mä ech wëll awer soen, et huet laang gedauert, bis mer dozou komm sinn. Dat explizéiert och ons kritesch Haltung zu deene Projeten, déi virdrun diskutéiert gi sinn an notamment den A400M.

Mir soen also Jo zu deenen zwee Projets de loi, mä et ass e „Jo, mä...“. De „Mä“ betrëfft déi Règlements grand-ducaux, déi nach net geholl gi sinn, an déi aner Froen, déi mer hei opgeworf hunn a wou ech hoffen, datt d'Re-gierung ons e puer Äntwerte wäert ginn.

» Plusieure voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Minister Jean-Louis Schiltz.

» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net fir näischt, datt haut 37 Natiounen mat Zaldotinnen an Zaldoten am Afghanistan present sinn, dorënner och Lët-zebuerg.

Wou kommen, wa mer d'Saachen emol richtig kucken, 90% vun deenen Drogen hier, déi haut op enger Rei Plazen am Land verkaaft ginn? Solle mer einfach nokucken, wann op Plaze wéi Kandahar oder soss an Afghanistan iwwert de Wee vum Drogenu-bau Konditiounen geschaaft ginn, fir Lie-wensdreem a -perspektive vun Dausende vu Jugendlechen hei an Europa ze zer-stéieren?

Wou ass dann déi Plaz op der Welt, wou Ter-roristen ausgebilt ginn oder gi sinn, fir Mën-schen zu New York, London, Madrid all Joer - oder op soss Plazen - mat Hëllef vu selwer gebastelte Bommen an anerem Dreck an den Doud ze stierzen?

An dann, erënnert lech emol, gouf et een - an den Här Goerens ass dorop agaangen -, deen an de Joren 2001 an 2002 der Meenung war, mir sollen d'Afghanen einfach hirem Schicksal iwwerloossen?

Gouf et een, deen deemools der Meenung war, et wär vertrieubar, dass Fraen a Mee-dercher zu Mënschen zweeter Klass ver-daamt ginn, andeems si ënner anerem d'Recht ofgesprach kruten, fir liessen a schreiwen ze léieren, woumat d'Konditiounen fir eng nodrécklech a fortdauernd Ënner-dréckung geschaaft gi sinn?

Solle mer einfach elo soen, dat war dee-mools esou an haut ass et anescht? Et huet keen haut hei déi Meenung heibanne vertrat. Dat weist, datt mer Kontinuitéit un den Dag leeën. Dat weist, datt mer nach wie vor zu deem Asaz stinn.

An dann de Kosovo. De Kosovo läit, mir wëssen et alleguer, nëmme annerhallef Flugstonne vu Lëtzebuerg ewech, matzen an Europa.

Erënnert lech emol, wat lass war an der leschter Legislatur, wou opgrond vun den Ausenanersetzungen um Balkan Dausende vu Flüchtlingen op Lëtzebuerg komm sinn. A wa mer eppes aus der Geschicht geléiert hunn, da wësse mer, datt all Wackelen um Balkan a ganz Europa ze spieren ass, op eng dramatesch Manéier oft, a wann de Balkan wackelt, dann ass d'Verantwortung vun den Europäer gefuerdert, an dat gëllt och fir Bosnien.

A wann dat Wackelen op deem Balkan net ophält, a wa mir als Europäer net eisen Deel, e groussen Deel dozou bäidroen, datt dat Wackelen ophält, jo da schloe se um Balkan de Kopplabunz. A wa se um Balkan de Kopplabunz schloen, da kritt ganz Europa de Schnapp. Et ass also an eise-m eegenen Interessi, fir zur Stabilitéit an zur Sécherheet um Balkan en décisive Bäitrag ze leeschten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären: 200.000 Doudeger, iwwer zwou Milliounen Flüchtlingen oder intern verdrifwe Per-sounen. Et weess jiddfereen heibanne vu wat ech schwätzen, nämlech vum Darfur a vun der ganzer Region ronderëm de Sudan.

Dës Chamber huet oft genuch kloer-gemaach, datt si wéi anerer och net géif akzeptéiere kënne, wat do passéiert a wat eigentlech nëmme een Numm verdéngt, nämlech Verbräiche géint d'Mënscheet.

Dat Uerteel, wat d'Geschicht iwwer eis Ge-neratioun a propos vum Darfur wäert fällen, wäert souwisou, Här President, net positiv ausfallen. Dat ass elo scho sécher. Wa mer awer wëlle verhënnere, datt dat Uerteel vernichtend ausfällt, da musse mer eis bou-géieren, an zwar elo.

Och an där Region ass et net méiglech, fir d'Saachen zum Besseren ze wenden ouni militäreschen Moyenen, woubäi hei, wéi op anere Plazen, militäreschen Moyenen eleng net duerginn. Mä wa mer gefuerdert sinn, a mir sinn dat hei, solle mer da soen: „Neen, mir schécke kee Militär dohinner“? Solle mer soen: „Mir sinn zwar der Meenung, datt dat, wat do geschitt, e Skandal ass, mä och wa mer kënne utile Kontributiounen maachen, wëlle mer dat net maachen“; ganz nom Motto, déi aner kënne sech jo drëm këm-meren?

Dat ass net dat, wat d'Regierung wëllt! Dat ass net dat, wat d'Chamber wëllt!

Duerfir hu mer och virun e puer Wochen décidéiert, am Kader vun där Missioun am Tschad, am Kontext natierlech an am Kader vun eise Méiglechkeeten, ëmmer erëm mat-zemaachen. Ech kéint och hei déi Mis-siounen am Kongo an am Libanon er-nimmen, wat ähnlech Missiounen sinn, wat den Engagement vun der Lëtzebuurger Arméi ubelaangt, fir déi am Tschad nämlech zwee Militär déi utile Kontributiounen leeschten, do wou mir als Lëtzebuurger kënne eng Plus-value bréngen.

Alles an allem huet d'Lëtzebuurger Arméi haut en permanence tëschent 35 a 40 Leit um Terrain déployéiert. Dat verlaangt Enga-gement, Asaz, Energie, Dévouement a Kompetenz. All déi Saachen huet d'Lëtze-buurger Arméi, jiddfer eenzelne Member vun där Arméi, Offiziéier, Ënneroffiziéier, Caporéil, Volontären an zivil Personal.

Ech wëllt hei mat aller Däitlechkeet soen: D'Lëtzebuurger Politik an d'Lëtzebuurger am Allgemenge kënne zefridde sinn iwwert d'Manéier, wéi déi international Asätz vun der Arméi bis elo geplangt, virbereet, wouergeholl an och ofgewéckelt gi sinn.

» Une voix.- Très bien!

» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense.- Alles dat ass gutt a positiv, mä et stinn eng ganz Rei nei Erausforderunge virun der Dier. E groussen Deel vun de Virriedner hu schonn eppes dozou gesot.

An der NATO geet den Transformations-prozess weider. Mir hunn d'Directive poli-tique globale, déi um Sommet zu Riga ver-abschit ginn ass. Dat ass e Beispill vun deenen Initiativen. De Sommet vu Bukarest steet virun der Dier. An och den neien euro-päeschen Traité, deen d'lescht Woch zu Lissabon ënnerschriwwen ginn ass - ënner anerem sinn den Här Fayot an den Här Goerens dorobber agaangen -, zeechent nei Weeër op fir d'Politik vun der Défense an engem europäesche Kader.

Frankräich huet elo scho kloergemaach, datt dat sougenannt „Europe de la défense“ eng vun de Prioritéiten vu senger Présidence wäert sinn an datt d'Fransousen am zweete Semester vum nächste Joer substanzuell wäerte weider wëlle kommen, wat d'Ëmsetzung vun där neier Zesummen-aarbecht am Défenseberäich ubelaangt. Et ass kloer fir d'Regierung, datt Lëtzebuerg wëllt, soll a muss derbäi si bei deem „Europe de la défense“. D'Fro ass just, wéi an ënner wat fir enge Konditiounen mer derbäi sinn; net zu egal wat fir enge Kondi-tiounen, wéi den Här Fayot et gesot huet.

Dat gëtt eng komplizéiert Saach, souwuel an der Ausschaffung wéi an der Ëmsetzung. Mir wäerten un deenen Diskussiounen deel-huelen - mir huelen elo schonn am Virfeld dorunner deel - an eis selbstverständlech och mat der Chamber iwwert d'Orienta-tiounen ënnerhalen. Mä och hei geet et drëm, mat aneren zesummen eis Respon-sabilitéiten ze huelen, ëmmer natierlech entspriechend eise Capacitéiten, eise Kompetenzen an eise Méiglechkeeten, déi schonn eleng opgrond vun der Taille vun eise-m Land a vun der Zuel vu sengen Awunner selbstverständlech limitéiert sinn.

Wa mer bei deem „Europe de la défense“ net derbäi wäeren, da musse mer wëssen, datt dat déi éischte kéier wär, wou Lëtze-buerg am Kader vun enger weiderer Ver-deiung vun der Unioun net derbäi wär. Dat wär net gutt fir eist Land an dat géif heeschen, datt mer eis géife virun eise Res-ponsabilitéiten drécken. Dat wëlle mer net an dat maache mer och net.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et héiert een och vun Zäit zu Zäit heiandsdo méi kritesch Stëmme, déi froen, wat dat dann alles soll. Firwat maache mer dat dann alles? Et hunn och eng Rei vun de Virriedner sech mat där Fro ausenanergesat. Et gëtt eng Rei gutt Grënn dofir, an ech faasse

mech hei kuerz, well scho vill vun de Vir-riedner op déi Grënn agaange sinn.

Éischstens gehéiert evidenteweis zu engem voll fonctiounsfäeige Stat och en Effort am Kader vun der Défense. Dat misst eigent-lech bal jiddfereen, wann net souguer jidd-feree verstoen.

Zweetens kann déi international Solidaritéit sech net dorobber beschränken, heiandsdo e Pak Suen op den Dësch ze leeën an dann ze soen: De Rescht, dat ass fir déi aner, si solle kucken, datt se eens ginn. Esou einfach ass et net. Esou einfach geet et net, an esou ein-fach kënne mir eis et och net maachen.

Drëttens musse mer ëmmer kucken, fir Saachen ze maache mat deene mer kënne utile Kontributiounen maachen, wou mer kënne eng Plus-value leeschten, déi eise Méiglechkeeten entsprécht, déi eise Capa-citéiten entsprécht. Dat ass de Fall mat der Waasseropbereedung, dat ass de Fall mam Déminage am Libanon. Dat ass de Fall och mat der Reconnaissance am Kosovo. Do maache mer scho Reconnaissance. Dat heescht, wa mer déi Ween elo kafen, dann ass dat net esou wéi wann dat eng nei Ak-tivitéit wier. Dat ass d'Kontinuitéit vun enger Aktivitéit wou mer schonn dra waren. Déi Reconnaissance-Aktivitéit gehéiert och zu deem, wat heescht, de Prinzip vum Deeel vun Risiko op eng adequat Manéier.

Ech kéint am Zesummenhang vun den utilié Kontributiounen och op déi méi kleng Missiounen agoen, Beispill Kongo, Beispill Tschad, wou eis Offiziéier an Ënneroffiziéier Koordinatiounsfonctiounen op héijem Niveau wouerhuelen, schonn eleng op-grond vun deene sproochleche Kompe-tenzen, déi si hunn. Och dat bréngt eng Plus-value fir déi Missiounen. Zum Beispill war am Kongo eng Missioun, déi haapt-sächlech vun Däitschen a Fransouse wouergeholl ginn ass, wou et utile war, datt e Lëtzebuurger do war, deen déi zwou Sprooche perfekt beherrscht huet, datt deen en Deel dozou bäigedroen huet.

Et ass virun deem Hannergrond, Här Pre-sident, wou ech déi nei Gesetzer, a méi generell d'Reorganisatioun vun der Arméi gesinn. Op dëser Plaz wollt ech dem Rapporteur Merci soe fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Och de Membere vun der Kommissioun, alle virop hirem President wollt ech Merci soe fir déi positiv Begleedung am Kader vun deem Projet hei vun Ufank un.

Wéi Dir et gesot hutt, Här President, an och Här Rapporteur, hu mer jo net eréischt uge-faangen eis iwwert déi Saachen hei ze ënnerhalen, wou en Text um Dësch louch. Mir hunn eis iwwert d'Prinzipien eens gemaach, iwwert d'Grondprinzipien, ier d'Regierung de Bic an de Grapp geholl huet, wat och dozou gefouert huet, datt vun deem Moment un, wou den Text virlooch, mer relativ séier derduerchkomm sinn an also näischt hu missen iwwert de Knéi brieche, well mer a laange Méint am Vir-feld vum Text eis iwwert d'Grondprinzipien eens gemaach hunn.

Zum Beispill iwwert déi nei UDOn, déi deemools unanime am Januar 2007 als eng gutt Saach ugesi gi si vun der Kommissioun an déi och nach haut eng breet Zou-stëmmung fannen. Ech wëll op jidde Fall deen Dialog mat der Kommissioun weider-féieren. D'Enthalung vun deene Gréngen ass jo eng Enthalung mat enger positiver Connotatioun, déi eigentlech méi Arméi wëllt, an dat éiert lech. Mä eng Arméi ouni sozial Fonctioun, doriwwer musse mer eng kéier diskutéieren, domadder sinn ech op jidde Fall net d'accord.

Et war och ganz viles richtig, wat den Här Braz gesot huet. Aner Punkte waren net grad esou richtig. Mä bon, mir diskutéiere jo weider an der Kommissioun. Et huet och vläicht domat ze dinn, Här Braz, datt Dir am Ufank vun eisen Diskussiounen déi éischt Méint net derbäi waart. Mä mir féieren den Dialog jo weider.

Mir féieren den Dialog och weider op dem Text vun den OMPs-Missiounen, wou ech just drop hiweise wëll, datt bis elo all déi Missiounen, déi gemaach gi sinn oder verlängert gi sinn, ëmmer unanime oder quasi unanime verabschit gi sinn. An och dat, mengen ech, ass eng gutt Saach.

Den Transformationsprozess vun der Lët-zebuurger Défense ass, wann ech alles dat lauschteren, wat ech haut hei héieren, op dem guddem Wee. Ech wëll ausdrécklech soen, datt ech ganz frou driwwer sinn, datt all d'Virriedner a qualitativ héichwäerteg Bäitrag d'Arméi an den Zentrum gesat hu vun hiren Interventiounen, awer och an den internationale Kontext. Mir féieren déi Dis-kussioun op jidde Fall, hoffen ech, an der Kommissioun esou weider.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Reorganisatioun vun der Arméi a vun der



»»» **Une voix**.- Très bien!

»»» **M. Jean-Louis Schiltz**, *Ministre de la Défense*.- An ech wäert och derfir suergen, mam Bauteminister zesummen, datt virugemaach gëtt. Ech hunn och ganz gutt verhalen, datt Der eis gesot hutt, datt d'Vitesse vun deem, wat mer maachen, den Haaptkritär wär. Dir hutt alleguerte gesinn, datt eng Rei Methoden do musse geännert ginn. Alles dat ass wierklech kee Luxus, well eis Militär verdéngen et, an dezenten an uerdentleche Konditiounen ze schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn an enger vun mengen éischte Rieden als Arméiminister gesot, d'Arméi, dat wär e staarkt Stéck Lëtzebuerg. Mat deene Gesetzter, déi d'Regierung lech haut hei ënnerbreet, kritt d'Arméi d'Méiglechkeeten, fir dat staarkt Stéck Lëtzebuerg ze bleiwen. Jo, si kritt d'Méiglechkeeten, fir nach méi e staarkt Stéck Lëtzebuerg ze ginn.

E Stéck Lëtzebuerg, wat e wesentlechen Deel ausmécht vun där 3-D-Approche vun der Lëtzebuurger Aussepolitik, nämlech deem drëtte vun deenen D, déi heeschen Diplomatie, Développement an Défense. E Stéck Lëtzebuerg, wat awer och à même ass, seng Roll a méi nationalem Kader gutt ze erfëllen. Sief et déi sozial Fonctioun, vun där ech geschwat hunn, oder déi méi traditionell Aufgabe vun der Arméi, wéi zum Beispill am Fall vun Iwwerschwemmungen oder anere Katastrophen.

Eis Aufgab ass et, fir dat ze maachen, wat néideg a gutt ass, fir datt eis Arméi an déi Fraen a Männer, déi si ausmaachen, hir Missiounen am Déngscht vun der Allgemengheet esou gutt wéi méiglech erfëlle kënnen. Déi zwee Gesetzter, déi haut hei virleien, weisen do d'Richtung fir déi nächst Joren.

Ech soen lech Merci.

»»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»»» **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Léif Kolleeginnen a Kollegen, da komme mer elo zum Vote vun deenen zwee Projeten. Fir d'éischt komme mer zum Vote vum Projet de loi 5785.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 5785 et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5785 ass mat 51 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a 7 Abstentionen ugehoill.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zum Projet, deen d'Dépenses d'investissement virgesäit, dat ass de Projet de loi 5808.

Am Iwwrege wëll ech soen, wat méi Zaldoten an d'UDOe ginn, wat et besser ass - dat alles natierlech ëmmer am Kader vun den organisationelle Méiglechkeeten. Ech hunn elo vun den UDOe geschwat. Ech hu virdu gesot, datt mer och déi brauchen, déi net an den UDOe sinn. Déi eng mat deenen aneren zesumme si keng zwou Klassen, mä en Ensembl, dee mécht, datt d'Arméi ka fonctionnéieren.

Finalement wollt ech och nach dem Här Hauptert soen, datt mer d'Sportssectioun vun der Arméi selbstverständlech an onverännerter Form bäibehalen. D'Tessy Scholtes an den David Fiegen sinn nëmmen zwee vu villen Aushängeschëlder vun der Lëtzebuurger Arméi.

Här President, fir dass eng Arméi gutt fonctionnéiert, ass et wichteg, datt se e gudde Kader huet. De Kader, dat sinn Offiziéier, Ënneroffiziéier a Caporeil. Ech hunn an deene bal zwee Joer, wou ech d'Responsabilitéit vun der Défense hunn, vill gutt, kompetent, responsabel an engagéiert Leit an der Arméi op allen Niveaue begéint. Hir Aarbecht ass net ëmmer einfach. Et gëtt vill vun hinne verlaangt am Kader vun deem Transformationsprozess an all deem, wat d'Arméi vum 21. Jorhonnert wäert ausmaachen. Et ass e permanenten Challenge fir si, fir deenen neien Erausforderunge gerecht ze ginn.

Et ass e schwéieren Exercice, an deem et heescht, e ganze Betrib ze mobiliséieren, mä mir kënnen houfreg sinn op déi Manéier, wéi eis Leit an der Arméi dat maachen. Si maachen dat gutt, ganz gutt, an ech wëll hinnen dofir hei alleguerte vun dëser Plaz aus mäin Dank ausschwätzen. Hir gutt Aarbecht, dat solle se wëssen, dréit zum positive Bild vun eisem Land bäi.

Bei den Offiziéier, Här President, wäerte mer an der Zukunft de Rekrutement diversifiéieren, fir Leit mat engem fäerdegem Unidiplom kënnen an d'Arméi eranzekréien, esou datt déi Method eis wäert erlaben, nei Kompetenzen, nei Talenter, nei Capacitéiten ze fannen, déi d'Arméi vum 21. Jorhonnert brauch, fir ze fonctionnéieren.

Dat neit Gesetz wäert och d'Offiziéier vun der Arméi mat deene vun der Police gehälterméisseg gläichstellen. D'Regierung huet des Weideren zrëckbehalen, den operationellen Engagement vun de Militär an Zukunft nach méi ze honoréieren.

Duerfir wäerten d'Missiounsprimen, Här Henckes, déi d'Leit kréien, déi an d'Missioun ginn, och substanzuell no uewen ugepasst ginn. Den Här Hauptert huet och aus dem europäesche Rapport zitéiert, datt dat de richtege Wee wär. Also, déi Missiounsprime wäerten no uewen ugehuewe ginn. Och Trainingsprimé gi substanzuell eropgesat, esou zwar datt fir den Training vun de Kaderen, deen oft laang a schwéier ass, d'Kaderen zwee Drëttel oder respektiv dräi Véirel vun där Missiounsprime kréien. Ech ginn net hei an den Detail vun den Zuelen an.

Mat deem System gëtt net nëmmen deenen neie Begebenheete Rechnung gedroen, mä och legitime Revendicatione vu verschiddene Säiten, esou datt beispillsweis an Zukunft och wann ech gelift keen an der Arméi méi dat Wuert „Iwwerstonnen“ soll an de Mond huelen. Déi Fro wär domadder och geregelt.

D'Prime de rengagement fält ewech, dat ass richtig. Mä wat déi aner Primen ugeet, d'Missiounsprime an d'Trainingsprime gi gehuewen, d'UDOs-Prime kënn't derbäi. Et gëtt also an deem Sënn kompenséiert an et kënn't zu enger globaler Verbesserung vun der Situatioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ganz zum Schluss wollt ech drop hiweisen, datt mer mat der Hëllef vum Bauteminister endlech, endlech e gondleeënde Sanierungs- a Renovationsprogramm vun der Dikrecher Kasär op de Wee wäerte bréngen! Den Zoustand vun de Gebaier a vum Equipement ass net vertrieubar. Ech loossen awer net gëllen, Här Braz, wat Der gesot hutt, wat den Zoustand vun der Arméi en général ugeet. Wann Der et op d'Gebaier an den Equipement beschränkt, sinn ech domat d'accord. Fir de Rescht musse mer eis adaptéieren, fir deenen neien Défië gerecht ze ginn. Et ass vläicht eng Fro vun Terminologie, mä ech halen awer drop, dat kloerzestellen.

**(Interruption)**

Et ass gesot ginn, datt keng Lobby do wär, fir déi Renovatioun an Ugrëff ze huelen. Mä ech mengen, datt d'Lëtzebuurger Arméi spéitstens vun haut un awer dee gréisste Sukkurs huet, dee se brauch, well den éischte Pouvoir hei mat 60 Leit ouni Fro hannert der Arméi steet a seet, et soll virugemaach ginn.

Preparatioun esou wäit fortgeschratt, datt mer, wann d'Gesetz da gestëmmt ass, am nächste Joer eng Bestellung kënnen opginn, wat dat ubelaangt.

Och bei der Waasseropbereedung, och beim Déminage wäerte mer eis esou équipéieren, datt eis Asätz a gudde Sécherheetskonditiounen stattfannen, woubäi een all Risiko ni ausschléisse kann, well soss bräichte mer jo par définition kee Militär, mä datt mer eis Asätz kënnen a gudde Sécherheetskonditiounen ofwéckelen. Och am Kader vum Déminage, och am Kader vun der Waasseropbereedung brauche mer dofir protégéiert Ween. All dës Acquisitiounen maache mer wéi gesot iwwert de Fonds d'équipement militaire.

Déi Autorisatioun, fir dat ze maachen, froe mer haut bei der Chamber. Et wäert eis erlaben, déi komplizéiert Virgäng ofzewéckele mat enger gewëssener Flexibilität, mä virun allem an engem geregelten an novollzéibare Kader. Dat brauche mer, an duerfir sinn ech och frou, datt dat Gesetz haut och mat zur Ofstëmmung kënn't. Déi Zommen, déi investéiert ginn, sinn net onwesentlech. Mä si sinn utile, effikass a sënnvoll investéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zweet Objektiv ass et, déi sozial Fonctioun vun der Arméi ze verbessern, ze festegen an auszebauen. Et geet dorëms fir de Jongen a Meedercher, déi sech mat hirem Engagement an der Arméi an den Déngscht vum Land an der Gesellschaft stellen, verbessert an nei berufflech Chancen a Perspektiven opzezeechne fir déi Zäit duerno, wou se net méi als Volontär an der Arméi aktiv sinn. Et geet dorëms, fir datt si déi Zäit an der Arméi kënnen valoriséieren an notzen, esou datt se spéider besser Méiglechkeeten hunn, fir déi nächst Etappe vun hirem beruffleche Liewen an Ugrëff ze huelen.

Meng Iwwerzeegung ass et, datt dat eis Pflicht a Schëllegkeet ass, dat fir si ze maachen an och do dat Néidegt ze maachen. Et gëtt haut schonn eng Rei Elementer, Exklusivitéiten, Prioritéiten am öffentleche Secteur etc. Mäin Zil ass et, déi Opportunitéiten, déi bestinn, konkret ze verbessern. Et misst och méi normal ginn, datt d'Zaldoten no der Arméi plazen am Privatsecteur fanne kënnen. Et misst och séchergestallt ginn, datt se - an dat maache mer - déi Opportunitéiten och wouerhuelen. Duerfir gëtt d'Reconversion an d'Schoul vun der Arméi erëm obligatoresch. Jiddferee muss no senge 36 Méint militärescher Period obligatoresch ee Joer an d'Schoul goen oder enger Formatioun nogoen.

Nieft der Schoul, déi ausgebaut gëtt, versiche mer, nei Formatiounen unzebidden a Beräicher, wou d'Arméi eng Plus-value ka bréngen. Ech hat eng Rei Virgespréicher an deem Zesummenhang mat der Educatiounsministesch, an ech wäert se an der ganz noer Zukunft mat enger Demande saiséieren, fir um Härebierg Formatiounen beispillsweis am Beräich vun der Logistik unzebidden. Hei ka sech d'Arméi mat abréngen an dat, wat d'Regierung zesumme mam Privatsecteur amgaangen ass ze maachen, andeems se Lëtzebuerg wëllt als Logistikstanduert développéieren. A wann déi Logistikinitiativen dann hir Friichten droen - a si wäerten dat -, da mussen déi Entreprises, déi sech do nidderloossen an an deem Beräich aktiv sinn, och kënnen op kompetent Leit zrëckgräifen, a wou, wann net an der Arméi, kann een de Logistikerberuff léieren; wou, wann net an der Arméi, kann een dorop virbereet ginn, fir duerno och am Beräich vun der Logistik aktiv ze sinn.

Dat ass ee Beispill vun deene Saachen, déi ech mer ganz konkret an deem Zesummenhang virstellen, fir datt all Zaldot besser Chancen huet, sech am Berufsliewen ze integréieren a seng Formatioun duerno ze valoriséieren, och - Här President - par rapport zum Privatsecteur. An net zulescht duerfir ass et wichteg, datt d'Arméi sech méi no un d'ADEM erubeweegt an am Géigenzuch déiselwecht ADEM sech méi no un d'Arméi erubeweegt. Dat maache mer mam Aarbechtsminister zesummen, an och dat ass d'Aufgab vun deem neie Service de reconversion, dee mer op d'Bee setzen. Och dee gehéiert zu der Reform, och deen ass integrale Bestanddeel vun der Reorganisatioun.

Här President, nach en zousätzleche leschte Punkt zu de Berufsperspektiven. Un d'Prioritéiten an d'Exklusivitéite gi mer wéi gesot net réckelen, mä à l'intérieur vun deene Prioritéiten an Exklusivitéite kréien déi Zaldoten, déi an den UDOe sinn an also dobaussen um Terrain déployéiert ginn an de Krisegebidder, eng Superprioritéit par rapport zu deenen aneren, déi net an den UDOe sinnDat ass normal esou. Dat ass gutt esou, an do kritt och keen d'Regierung vum Géigendeel iwwerzeegt.

Défense en général ass eng, déi vill Facetten huet. Et ass en Ensembl. Et ass duerfir och schwiereg, déi verschidden Aspekter eenzel ze kucken, well deen ee steet a Relatioun mat deem aneren, deen ee stäipt deen aneren, deen ee vervollstännegt deen aneren, deen een ass näischt ouni deen aneren, deen ee mat deem aneren zesumme gëtt positiv Resultater an nëmmen all d'Aspekter zesumme ginn e komplett Bild a maachen dat aus, wat d'Reform 2007 ausmécht. Et ass duerfir schwéier, een Aspekt oder deen aneren erauszepicken. Mä vu datt vill vu menge Virriedner schonn am Detail op d'Saachen agaange sinn, erlaabt mer kuerz awer nach op deen een oder deen anere Punkt anzegoen.

Mat der Reorganisatioun, Här President, verfolge mer eigentlech zwee Objektiver. Fir d'éischt geet et drëm, fir datt d'Arméi déi nei Aufgaben, déi op se zoukommen, a gudde Konditiounen ka wouerhuelen. Dozou gehéiert eng adaptéiert Organisatioun, déi sech haaptsächlech duerch déi nei Unité de disponibilité opérationnelle charakteriséiert. Dës nei Method erlaabt eis Planungs-sécherheet. Dës nei Method erlaabt eis fir déi Missiounen esou ze plangen à moyen terme, datt mer se och kënnen wouerhuelen.

Stéchwuert Groupement tactique an NATO Response Force, wat jo nei Saache fir eis sinn a wat dann och dozou féiert, datt mer d'Organisatioun adaptéieren iwwert de Wee vun deenen Unités de disponibilité opérationnelle, déi eis och erlaben, prett ze sinn, wa mer geruff ginn. Déi eis och erlaben, déi Leit, déi an d'Missiounen ginn, besser virzebereeden doduerch, datt se méi laang a méi spezifesch trainéiert ginn an trainéiere kënnen.

Déi Leit, déi an den UDOe beschäftegt sinn, kréien och en deementspriechenden Entgelt ënnert der Form vun enger UDOs-Prime, déi vun der Regierung op ronn 350 Euro de Mount wäert festgesat ginn iwwert de Wee vun deene Règlement-grand-ducalen, déi nach ze huele sinn.

Ech wëll och soen, datt mer hei, andeems datt mer déi UDOe constituéieren, keng Zwouklassenarméi schafen. Mir brauchen och déi, déi net an den UDOe sinn, well eng Arméi ass e Ganzt, dat sinn déi, déi an d'Missioun ginn, an dat sinn och déi, déi doheem déi Aarbechte maachen, déi musse gemaach ginn, fir datt déi aner kënnen an d'Missioun goen - Beispill Logistik, Beispill Entretien -, all maache se eng utile Aarbecht. Mir brauchen och déi, déi net an den UDOe sinn, dat ass en Ensembl alt erëm. Et geet alt erëm eng Kéier net, datt mer deen ee Punkt kucken an deen aneren net.

Et ass des Weidere meng permanent Suerg, datt eis Militär hir Asätz an deene beschtméigleche Konditiounen kënnen ofwéckelen. Duerfir hu mer och dat zweet Gesetz iwwert d'Acquisitiounen haut hei virleien. D'Material vun der Arméi, wat mer haut hunn, ass iwwerholl souwuel um technesche Plang wéi um Plang vun der Sécherheet. Duerfir tätege mer och déi nei Uschafungen. Et geet eis dorëm, datt eis Militär esou gutt wéi méiglech protégéiert sinn um Terrain. Et geet eis dorëm, datt si a gudde Konditiounen kënnen schaffen a sech an uerdentleche Konditiounen an déi auslännesch Unitéiten, mat deene se zesummeschaffen, integréiere kënnen.

Am selwechte Sënn wäerte mer niewent der Reconnaissance, wou mer jo schonn am Kosovo aktiv sinn, d'Capacitéiten am Déminage, déi jo a verklengerter Form am Libanon an den Asaz komm sinn, weiderentwéckelen. An Dir wësst och, datt mer amgaang sinn, am Beräich vun der Waasseropbereedung an déi operativ Trainingsphas ze trieden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kënnen net alles maachen, mir wëllen net alles maachen. Mir mussen eis a mir wëllen eis an e puer Beräicher spesialiséieren. Et sinn déi dräi, déi ech elo erwähnt hunn.

Mir wëlle virun allem utile Saache maachen, an ech wëll och ervirsträichen, datt mer am Virfeld bei eise Partner souwuel an der Unioun wéi an der Allianz eis vergewëssert hunn, datt eis Contributiounen engem reelle Besoin entsprechen an datt se net eng Duplikatioun vu schonns existéierende Moyenen duerstellen. Eis Efforten hunn och an deem Sënn international Unerkennung scho fonnt a stellen, wa se da richtig zum Droe kommen, ee reelle Plus duer.

Déi grouss Bléck vun den Acquisitiounen betreffe selbstverständlech de Fuerpark vun der Arméi - et ass schonn hei gesot ginn. Ech wëll speziell d'Reconnaissance-Ween erwähnen. Mir schaffen do ganz intensiv mat der NAMSA zesummen. Si hëlleft eis, an där komplizéierter Matière gutt Resultater ze erziilen. D'Dossiere sinn an der



Vote sur l'ensemble du projet de loi 5808 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5808 ass och ugeholl, grad wéi dee virdrun, mat 51 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a bei 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.



6. Demandes en naturalisation

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn nach ee Punkt op eisem Ordre du jour, dat sinn d'Naturalisatiounen. Duerfir muss ech de Huis clos aussprieche. De Huis clos ass ausgesprach.

(Le huis clos est prononcé à 17.48 heures.)

\*\*\*

(Le huis clos est levé à 17.52 heures.)

De Huis clos ass opgehuewen. D'öffentlech Sitzung geet nach kuerz weider. D'Chamber huet an hiner net öffentlecher Sitzung 85 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 19 décembre 2007

1. AGOVIĆ Ernad, né le 24 septembre 1981 à Nikšić (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Rodange
2. ALCANTARA CRUZ José Luis, né le 12 novembre 1985 à Barranca/La Vega (République Dominicaine), demeurant à Esch-sur-Alzette
3. ANDRZEJEWSKI René Horst, né le 15 avril 1964 à Berlin (Allemagne), demeurant à Asselborn (Wintrange)

4. ALBRECHT Jacqueline, née le 10 mai 1965 à Berlin (Allemagne), demeurant à Asselborn (Wintrange)
5. ARAÚJO DE ALMEIDA Cristiano, né le 12 août 1988 à Águedo (Portugal), demeurant à Schieren
6. ASMARE Yiftusira, née le 5 janvier 1972 à Nazareth (Éthiopie), demeurant à Steinfort
7. AZEVEDO SILVEIRA Rui Filipe, né le 8 septembre 1980 à Arroios/Vila Real (Portugal), demeurant à Dudelange
8. BATOLOVIĆ Ertan, né le 10 juillet 1984 à Istok (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Niederkorn
9. BERTOLINO Nicolo, né le 20 avril 1952 à Flénu (Belgique), demeurant à Olm
10. BIASIN Rina, née le 7 mars 1924 à San Vito al Tagliamento (Italie), demeurant à Esch-sur-Alzette
11. BIJELIĆ Mustafa, né le 20 juin 1966 à Tuzla (Bosnie-et-Herzégovine), demeurant à Bertrange
12. CAKAR Mersija, née le 24 septembre 1969 à Tuzla (Bosnie-et-Herzégovine), demeurant à Bertrange
13. BORBE Jenjerelle, née le 6 mars 1980 à Santa Cruz/Zambales (Philippines), demeurant à Luxembourg
14. BUITENHUIS Dirk John William, né le 3 novembre 1986 à Amersfoort (Pays-Bas), demeurant à Diekirch
15. BRAUN Stephan, né le 16 mai 1962 à Berlin (Allemagne), demeurant à Draufelt
16. CEDANO CEDANO Freddy, né le 20 mars 1972 à Higuey (République Dominicaine), demeurant à Schifflange
17. CHEN Nu, née le 15 janvier 1949 à Foshan/Guangdong (Chine), demeurant à Luxembourg
18. CILOVIĆ Adis, né le 27 novembre 1982 à Berane (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Differdange
19. DELEV Aleksandar, né le 15 mars 1962 à Strumica (Macédoine), demeurant à Strassen
20. STOJANOVA Ljubinka, née le 16 novembre 1963 à Strumica (Macédoine), demeurant à Strassen
21. DIMMOCK John Quoc Viet, né le 2 juin 1988 à Aubervilliers (France), demeurant à Luxembourg
22. DOUWES Sébastien, né le 13 novembre 1984 à Eindhoven (Pays-Bas), demeurant à Hautbellain
23. DOUWES Vincentius Augustinus Maria, né le 20 mars 1953 à Culemborg (Pays-Bas), demeurant à Hautbellain
24. DU PREEZ Wilhelmina Maria, née le 17 octobre 1955 à Johannesburg (South Africa), demeurant à Ettelbruck
25. EMMANUAL Sophyamma, née le 22 août 1962 à Edappady/Kerala (Inde), demeurant à Esch-sur-Alzette
26. FAMDIE MEDEFO Edith Aimée, née le 26 janvier 1977 à Semto (Cameroun), demeurant à Helmsange
27. FERNANDES DA CONCEIÇÃO António Manuel, né le 10 septembre 1964 à Nossa Senhora do Rosário (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg
28. FERNANDES NETO Maria de Lourdes, née le 30 septembre 1968 à Hamburg (Allemagne), demeurant à Hesperange
29. GALOPIN Marie-Thérèse Marguerite Antoinette, née le 15 juillet 1933 à Boulogne-Billancourt (France), demeurant à Luxembourg
30. GANIĆ Dijana, née le 7 novembre 1963 à Đakovica (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Luxembourg
31. GAS Khadra Omar, née le 10 décembre 1980 à Merka (Somalie), demeurant à Belvaux

32. GERRETSEN Henderik Dirk, né le 3 janvier 1967 à Utrecht (Pays-Bas), demeurant à Merscheid
33. HAAS Britta Hülya, née le 18 mai 1970 à Krefeld (Allemagne), demeurant à Merscheid
34. GHOLAMIANZADEH Shideh, née le 24 avril 1981 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg
35. GLINEL Pierre-Jean Georges Gaston Béranger, né le 25 juin 1963 à Paris (France), demeurant à Luxembourg
36. GONÇALVES DA SILVA Alexandrina Maria, née le 26 mai 1983 à Cantanhede (Portugal), demeurant à Luxembourg
37. HANG Dongjiang, né le 5 octobre 1954 à Zhejiang (Chine), demeurant à Remich
38. HASANI Haxhi, né le 25 novembre 1948 à Vlora (Albanie), demeurant à Howald
39. HODŽIĆ Nezira, née le 1<sup>er</sup> janvier 1966 à Zaklopaca (Bosnie-et-Herzégovine), demeurant à Bereldange
40. ISOVIĆ Rifat, né le 7 juin 1958 à Peć (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Beringen
41. ŠKRIJELJ Nusreta, née le 15 août 1965 à Murovac (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Beringen
42. JASPART Isabelle Marie Renée Cécile Ghislaine, née le 18 novembre 1975 à Arlon (Belgique), demeurant à Dahlem
43. KIM Igor, né le 19 novembre 1969 à Al-malyk/Tachkent (Ouzbékistan), demeurant à Luxembourg
44. YUGAI Irina, née le 29 juin 1973 à Kzy-noktiabr/Tachkent (Ouzbékistan), demeurant à Luxembourg
45. KOPS Albrecht Richard Hans, né le 2 mai 1939 à Gorzów Wielkopolski (Pologne), demeurant à Wasserbillig
46. LATIĆ Elna, née le 11 août 1977 à Lagatore (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Esch-sur-Alzette
47. LECOMTE Arnaud Mikaël José Henri, né le 19 août 1974 à Ancenis (France), demeurant à Belvaux
48. LU Yanfen, née le 25 novembre 1969 à Hua County/Guangdong (Chine), demeurant à Luxembourg
49. MANN Saskia Isabelle, née le 19 octobre 1979 à Leverkusen (Allemagne), demeurant à Luxembourg
50. MERZ Heinz Dieter, né le 31 mai 1958 à Bad Ems (Allemagne), demeurant à Rollingen
51. MONTEIRO COSTA Fernanda, née le 22 février 1969 à Nossa Senhora do Rosário/Ribeira Grande (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg
52. MORILLO QUEZADA Haydee Francisca, née le 9 mars 1974 à Santo Domingo (République Dominicaine), demeurant à Luxembourg
53. MUJIĆ Sead, né le 18 mai 1968 à Zavidovići (Bosnie-et-Herzégovine), demeurant à Luxembourg
54. MÜLLER Clara Lucie, née le 9 octobre 1973 à Grenoble (France), demeurant à Bridel
55. NEVES JACINTO Liliانا, née le 29 juillet 1986 à Torres Vedras (Portugal), demeurant à Luxembourg
56. NGUEKENG FAPOUO NONGNI Christian Claude, né le 4 novembre 1975 à Yaoundé (Cameroun), demeurant à Differdange
57. OLIVEIRA MENDONÇA Neusa, née le 16 février 1949 à Osvaldo Cruz (Brésil), demeurant à Berchem
58. PARRENO Lalaine, née le 21 janvier 1966 à Sagay/Negros Occidental (Philippines), demeurant à Luxembourg
59. PERIC Natasa, née le 15 août 1983 à Goodwood (Afrique du Sud), demeurant à Ettelbruck

60. PETERS Lothar Johann Leo, né le 22 mai 1960 à St. Vith (Belgique), demeurant à Steinfort
61. WAGNER Alexa Irmgard, née le 12 mai 1963 à St. Vith (Belgique), demeurant à Steinfort
62. PILIĆI Musa, né le 18 juin 1969 à Debar (Macédoine), demeurant à Warken
63. PIMENTAL SALAS Arnold, né le 29 août 1982 à Arequipa (Pérou), demeurant à Esch-sur-Alzette
64. POOT Nele Margareta Omer, née le 20 mai 1957 à Zottegem (Belgique), demeurant à Capellen
65. REILLE Geneviève Anne Jeanne Marie, née le 1<sup>er</sup> août 1956 à Arthès (France), demeurant à Howald
66. REXHAJ Kushtrim, né le 5 mars 1983 à Mitrovica (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Wasserbillig
67. REXHAJ Valdrin, né le 16 janvier 1985 à Mitrovica (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Wasserbillig
68. RUSCH Claude Georges, né le 17 mai 1956 à Ingwiller (France), demeurant à Howald
69. SALIH Hussain, né le 1<sup>er</sup> juillet 1975 à Jalawla (Iraq), demeurant à Luxembourg
70. SANTOS MONTEIRO Julia Maria, née le 10 octobre 1970 à Nossa Senhora do Rosário (Cap-Vert), demeurant à Bissen
71. SCHAMPAUL Michael, né le 22 mars 1972 à Saarburg (Allemagne), demeurant à Strassen
72. SCHUH Bernadette Elisabeth, née le 23 février 1957 à Saarburg (Allemagne), demeurant à Grevenmacher
73. SHANG Guang, né le 14 octobre 1983 à Wenzhou/Zhejiang (Chine), demeurant à Bissen
74. SHANG Yingying, née le 13 février 1985 à Wenzhou/Zhejiang (Chine), demeurant à Bissen
75. SHEQERI Maringlen, né le 20 janvier 1984 à Tirana (Albanie), demeurant à Luxembourg
76. SMOLDERS Roland Freddy Alfons, né le 30 octobre 1944 à Leuven (Belgique), demeurant à Girst
77. VEN Josephina Maria, née le 21 janvier 1946 à Lommel (Belgique), demeurant à Girst
78. SPÄTH Fabrice Fernand, né le 29 mars 1970 à Forbach (France), demeurant à Puetscheid
79. TALL Ndeye Sophie, née le 24 mai 1970 à Saint-Louis (Sénégal), demeurant à Niederkorn
80. TANG Pak Kei, né le 12 octobre 1986 à Hong Kong (Chine), demeurant à Dudelange
81. VELOSO FONTENELLE BEZERRIL André, né le 12 décembre 1978 à New York (États-Unis) demeurant à Strassen
82. VELOSO FONTENELLE BEZERRIL Fábio, né le 12 mars 1982 à São Paulo (Brésil), demeurant à Strassen
83. VELOSO FONTENELLE BEZERRIL Márcio, né le 3 juin 1983 à São Paulo (Brésil), demeurant à Strassen
84. VRAŽALIĆ Asja, née le 3 novembre 1972 à Mostar (Bosnie-et-Herzégovine), demeurant à Luxembourg
85. WILSON Aaron Ross, né le 30 juin 1970 à Clinton/Missouri (États-Unis), demeurant à Remerschen
- Leif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.
- D'Sitzung ass opgehuewen.
- (Fin de la séance publique à 17.53 heures)

# Chamber TV

- an der Stad: um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)
- zu Esch: um Kanal S40 (455.25 MHz)
- zu Déifferdeng: um Kanal S 29
- zu Diddeleng: um Kanal S 32
- an der Gemeng Nidderaanven: um Kanal S 29